



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6777 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6777 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6777 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da géife mer zur Motioun iwwergoen.

**Motion 1**

Si Wuertmeldungen zur Motioun?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall. D'Regierung huet jo dozou Stellung och bezunn.

Insistéiert d'Chamber op en elektronesch Vott oder kënnen mer mat Handophiewen iwwert d'Motioun ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

D'accord. Ma da géif ech lech bieden, ze weisen, wien derfir ass.

D'Géigeprouf: Wien ass dergéint? Enthalungen?

D'Motioun 1 ass unanime ugehall.

**5. 5730 - Projet de loi portant modernisation de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et modification du Code civil et de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises (suite)**

Da wollt ech lech nach op eppes opmierksam maachen zum Projet de loi 5730, dee mer vir-druck ofgestëmmt hunn. Ech hat vergiess, lech drop opmierksam ze maachen, dass eng Erreur de renvoi sech am Artikel II.9bis ageschlach huet. Dat ass am Text, wou mer driwwer ofgestëmmt hunn, rectificéiert ginn. De Statsrot ass och vun där Ännerung a Kenntnis gesat ginn.

Ass d'Chamber mat mir d'accord, dass mer iwwert deen ofgeännerten Text ofgestëmmt hunn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou. D'Dispens hat ech jo gefrot. Merci!

Mir géifen dann zum nächsten, oder deenen nächste Projeten iwwergoen. Dat sinn d'Projeten 6869 bis 6874. Et geet do ëm Konventiounen tëschent dem Stat an de Glawensgemeinschaften. D'Riedezäit ass nom Modell 1 virgesinn. A mir waren eis eens, dass mer d'Presentatioun an d'Diskussioun zu all deene Projeten an engem Jet géife maachen. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Lex Delles.

**6. 6869 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église catholique, arrêtant les exemptions**

**en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte catholique et portant**

**1. modification de la loi modifiée du 30 avril 1873 sur la création de l'évêché**

**2. modification de certaines dispositions du Code du Travail**

**3. abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, portant refixation des cadres du culte catholique et réglant certaines matières connexes**

**4. abrogation de certaines dispositions de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

**6870 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à la communauté israélite du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte israélite, conférant la personnalité juridique au Consistoire israélite et portant abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et les communautés israélites du Luxembourg, d'autre part**

**6871 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église anglicane du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte anglican, conférant la personnalité juridique à ladite Église et portant abrogation de la loi du 11 juin 2004 autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte de l'Église anglicane du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public à ladite Église**

**6872 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église orthodoxe au Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte orthodoxe, conférant la personnalité juridique aux Églises orthodoxes et portant abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Église orthodoxe hellénique du Luxembourg, d'autre part, et de la loi du 11 juin 2004 autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte des Églises orthodoxes roumaine et serbe du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public aux dites Églises**

**6873 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du soutien financier annuel à l'Église protestante du Luxembourg et à l'Église protestante réformée du Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte protestant, conférant la personnalité juridique aux Églises protestantes et portant abrogation de la loi du 23 novembre 1982 portant approbation de la convention de reconnaissance de l'Église protestante réformée du Luxembourg, octroi de la personnalité juridique à celle-ci et détermination des fonctions et emplois rémunérés par l'État, et de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Église protestante du Luxembourg, d'autre part**

**6874 - Projet de loi réglant le montant et les modalités d'octroi du sou-**

**tien financier annuel à la Communauté musulmane du Grand-Duché de Luxembourg, arrêtant les exemptions en matière d'acquisition d'immeubles affectés à l'exercice du culte musulman et conférant la personnalité juridique à l'Assemblée de la Communauté musulmane du Grand-Duché de Luxembourg**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur les projets de loi n°6869, n°6870, n°6871, n°6872, n°6873 et n°6874**

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. „Um ihrem eigentlichen Auftrag zu genügen, muss die Kirche immer wieder die Anstrengung unternehmen, sich von der Weltlichkeit der Welt zu lösen. (...) Die Geschichte kommt der Kirche in gewisser Weise durch die verschiedenen Epochen der Säkularisierung zur Hilfe, die zu ihrer Läuterung und inneren Reform wesentlich beigetragen haben.“

(...) die Streichung von Privilegien oder Ähnliches - bedeuteten nämlich jedes Mal eine tief greifende Entweltlichung der Kirche (...).

Die von materiellen und politischen Lasten und Privilegien befreite Kirche kann sich besser und auf wahrhaft christliche Weise der ganzen Welt zuwenden, wirklich weltoffen sein. Sie kann ihre Berufung zum Dienst der Anbetung Gottes und zum Dienst des Nächsten wieder unbefangener leben.“

**(Mme Simone Beissel prend la présidence.)**

Madamm Presidentin, léif Kolleegen, déi Wierder, déi ech lech elo grad virgelies hunn, stammen aus dem Mond vum Poopst Benedikt XVI.,...

**(Interruptions)**

Net direkt vu mir.

...wéi dese bei enger Visitt an Däitschland am September 2011 eng Ried am Freiburger Konzerthaus gehalten huet. Dës Ried ass vu ville Kirchenexperten a Journalisten als eng Fuerderung fir méi Trennung vu Kierch a Stat verstane ginn.

Och zu Lëtzebuerg gouf a gëtt nach ëmmer vill iwwer eng Trennung vu Kierch a Stat geschwat. Dobäi hat zumindest dës Regierung ni wëlles, all Relatiounen tëschent dem Stat an der Kierch ze kappen, also eng vollkommen Trennung vu Kierch a Stat ze forcieren.

Am Regierungsaccord huet et 2013 geheescht: «Les réalités sociétales requièrent une remise en cause des relations actuelles entre l'État et les cultes. Les partis de la coalition gouvernementale affirment le principe du respect de la liberté de pensée, de la neutralité de l'État à l'égard de toutes les confessions religieuses ainsi que de l'autodétermination des citoyens.»

D'Verhältnis tëschent Stat a Cultes soll also nei geregelt ginn. Vun Trennung vu Kierch a Stat kann iwwerhaupt keng rieds sinn. An dobäi wëll ech och direkt drop hiweisen, dass d'Bezeichnung „Trennung vu Kierch a Stat“ schonn e bëssen ambigu ass, well et gëtt net nëmmen eng Kierch oder eng Relioun zu Lëtzebuerg, mä därer e puer. Ech kommen duerno nach dorobber ze schwätzen.

Am Regierungsprogramm vun 2013 heescht et weider: «Le Gouvernement dénoncera les conventions existantes pour entamer des négociations avec les cultes, lancer une discussion sur leur financement et redéfinir les relations entre les communes et les cultes.»

Dës Négociatiounen hunn am Joer 2014 ugefaangen an haben als Resultat, dass de 26. Januar 2015 Konventiounen mat sechs verschidene Glawensgemeinschaften konnten ënnerschriwwen ginn. Et sinn dës déi kathoulesch Kierch, d'israelesch Communautéit, d'anglikanesch Kierch, d'orthodox Kierch, déi protestantesch Kierch an d'muselmanesch Communautéit zu Lëtzebuerg.

Et handelt sech ëm déi Culten, déi zu Lëtzebuerg offiziell unerkannt sinn no de Kritären, déi d'Chamber selwer an enger Motioun vum 18. Juni 1998 festgehalten huet: Et muss sech ëm eng global unerkannte Relioun handeln. De Culte muss an op d'mannst engem anere Memberstat an der Europäescher Unioun offiziell unerkannt sinn. Den Ordre public muss vun der Glawensgemeinschaft respektéiert ginn. D'Glawensgemeinschaft muss zu Lëtzebuerg mat enger Struktur etabléiert sinn a schlisslelech genuch Unhänger op lëtzebuergeschem Territoire hunn.

D'Schura, also d'Assemblée vun der muslimescher Communautéit, erfëllt all dës Kritären, wat erkläert, firwat och mat hir fir déi éischte Kéier eng Konventioun ofgeschloss gouf. Et wier och schwéier novollzéibar gewiescht, wann een déi ronn 10.000 bis 12.000

Moslemen, déi ënner 32 Nationalitéiten zu Lëtzebuerg liewen, komplett ignoréiert hätt.

Déi sechs Projets de loi, iwwert déi mer haut schwätzen an déi den 9. September 2015 vum Premier- a Kultusminister Xavier Bettel an der Chamber deposéiert goufen, hunn als Objet, en Deel vun de vir-druck genannte Konventiounen per Gesetz ëmzesetzen.

Virun allem d'Konventioun mat der kathoulescher Kierch huet net nëmmen d'Finanzéierung als Objet, mä och nach zum Beispill d'Aféiere vun engem Wäerteunterrecht, d'Ofschafe vu gewëssen Obligatiounen vun de Gemengen vis-à-vis vun de Kierchfabriken an d'Kreatioun vun engem Fong, deen d'Kierchfabriken ersetze soll. Dës Punkte goufen oder ginn iwwer aner Projets de loi geregelt wéi déi, iwwert déi mer haut hei befannen.

Aner Inhalter aus de Konventiounen brauchen net vum Législateur approvéeiert ze ginn, wéi zum Beispill, dass d'Culté sech dozou verpflichtet hunn, kee Personal méi ënnert dem Statut vun engem Ministère du culte anzustellen, wouop ech duerno nach eng Kéier am Detail ze schwätze kommen.

Et ass op verschiddene Plazen d'Fro opgeworf ginn, ob net d'Konventiounen hätte misse als Ganzt vun der Chamber approvéeiert ginn. Effektiv goufen zum Beispill d'Konventiounen aus dem Joer 1997 mat dem Bistum, der israellescher Communautéit, der protestantescher Kierch an der orthodoxer Kierch der Chamber ganz zur Approbation ënnerbreet.

Dat ass awer laut Artikel 22 vun eiser Verfassung net néideg, well virgesinn ass, dass just déi Dispositiounen vu Konventiounen musse vun der Chamber approvéeiert ginn, déi och effektiv eng Interventioun vum Législateur brauchen.

De Statsrot huet sech a sengem Avis vum 24. Februar 2016 mat dëser Approche vun der Regierung averstane gewisen a preziséiert, dass et sech hei net ëm eng nei oder aussergewöhnlech Virgoansweis handelt. De Statsrot rappéléiert nämlech, dass déi héich Kierperschaft schonn e puermol déi Interpretatioun vum Artikel 22 verdeedegt huet, esou zum Beispill an hirem Avis vum 9. Dezember 2003 iwwert de Projet de loi, deen en Avenant zur Konventioun vum 31. Oktober 1997 mat der orthodoxer Kierch approvéeiere sollt.

Där Beispiller gëtt et der nach e puer méi. An ech verweise fir den Detail op den Avis vum Statsrot zu dësem Projet de loi.

Ech wëll awer nach bemerken, dass ausserdeem d'Konventiounen un d'Projets de loi souwéi och un de schrëftleche Rapport als Annex drugehaange goufen, soudass jiddwereen heibanne sech konnt e geneet Bild vun hirem Inhalt maachen.

Madamm Presidentin, wéi ech scho gesot hunn, hunn déi sechs Projets de loi als Objet, déi jeeweileg Finanzéierung vun den unerkannte Reliounsgemeinschaften zu Lëtzebuerg ze regelen. Fir dës ze maachen, hunn d'Projets de loi och nach eng Partie aner Punkte missten abordéieren.

Fir unzefänke muss natierlech all Culte eng Personnalité juridique besetzen, fir dass de Stat och Sue kann iwwerweisen. Fir déi eng Reliounsgemeinschaft war dat kee Problem, vu dass hir Personnalité juridique schonn existéiert. D'Gesetz vum 30. Abrëll 1981 huet de Bistum constituéiert, deen offiziell vum Bëschof, dem Vicaire général oder engem Delegierte vertruede gëtt. Dës Gesetz gëtt bäibehalen, vu dass de Projet de loi net virgesäit, et ze abrogieren.

D'Personnalités juridiques vum Consistoire israélite an der Église anglicane ginn och bäibehalen, andeems eng Dispositioun, déi elo schonn en vigueur ass, einfach iwwerholl gëtt.

D'Schura hirsäits kritt mat hirem Projet de loi fir déi éischte Kéier eng Personnalité juridique de droit public vum Législateur zougesprach.

Wat d'Cultes orthodoxe et protestant ubelaangt, war d'Saach e bësse méi komplizéiert. De Moment erkenne mer folgend Personnalités juridiques un: déi griechesch-orthodox Kierch, déi rumänesch-orthodox Kierch, déi serbesch-orthodox Kierch, d'Église protestante an d'Église protestante réformée.

Déi initial Versioun vun de Projets de loi huet virgesinn, dës Personnalités juridiques ofzeschaffen a se duerch zwou Personnalités juridiques ze ersetzen, an zwar déi vun der orthodoxer Kierch tout court a vun der protestantescher Kierch tout court.

No respektiven Oppositions formelles vum Statsrot huet d'Kommissioun allerdéngs déci-



déiert, der griichesch-orthodoxer, serbesch-orthodoxer, rumänesch-orthodoxer a russesch-orthodoxer Kierch d'Personnalité juridique ze attribuëieren a si an der Église orthodoxe ze regroupéieren.

Si ginn och zesumme vum Métropolit-archevêque de Belgique, Exarque des Pays-Bas et du Luxembourg vertrauten. D'Kommissioun huet och decidéiert, dass d'Projets de loi dem Consistoire administratif de l'Église protestante an de jeeweilege Consistoire vum der Église protestante an der Église protestante réformée d'Personnalité juridique zougestinn.

Nodeems all unerkannte Culte och seng eege Personnalité juridique huet, kann de Stat och ouni Problemer Suen iwwerweisen. Ouni Problemer heescht am Sënn vun dese Projets de loi, dass awer nach zwou Konditiounen mussen erfüllt sinn: Eischtens ginn d'Konte vun de Cultë mat iwwer 500.000 Euro zum Schluss vum Joer vun engem Réviseur d'entreprises respektiv vun engem Commissaire aux comptes kontrolléiert. D'Sue vum Stat ginn, konform zu de gültege Gesetzer, bis spéitstens den 30. Juni all Joer iwwerweisen.

Zweetens mussen d'Relioungsgemeinschaften den Ordre public an d'Mënscherechter respektéieren, esou wéi se duerch d'Verfassung an international Normen zu Lëtzebuerg gëllen. Wann dës zwou Konditiounen erfüllt sinn, steet dem Iwwerweiser vun der finanzieller Ënnerstëtzung näischt méi am Wee.

An de Konventiounen mat de Cultë goufe verschidden Enveloppé festgehalten: 125.000 Euro fir d'anglikanesch Kierch, 285.000 Euro fir d'orthodox Kierch, 315.000 Euro fir de Consistoire israélite, 450.000 Euro fir d'Protestanten, 450.000 Euro fir d'Schura a 6.750.000 Euro fir de Bistum.

De Bistum kritt also ronn 6,7 Milliounen Euro respektiv 15-mol méi wéi déi zweetgréisste Communautéit zu Lëtzebuerg. Domat gëtt also der Realitéit um Terrain an der predominéieren der Positioun vun der kathoulescher Kierch hei zu Lëtzebuerg Rechnung gedroen.

De Moment ginn d'Traitementer an d'Pensiounen vum agestallte Personal, déi als Ministres du culte ugesi ginn, zulaaschte vum Statsbudget ausbezuelte, well si automatesch un de Statut vum Statsbeamten assimiléiert ginn. Dëst ass geregelt am Artikel 106 vun eiser aktueller Verfassung.

Als Géigeleeschtung zur finanzieller Enveloppe hu sech d'Cultë verpflichtet, keng Ministres du culte méi anzustellen, déi laut Artikel 106 zulaaschte vum Statsbudget bezuelte misste ginn. Ech kommen duerno nach eng Kéier drop zrëck.

Déi staatlech finanziell Ënnerstëtzung soll et de Culten erlaben, Personal ënner engem private Statut, also als Salarié anzustellen. Dëst bréngt direkt dräi Regelen mat sech, déi mat de Projets de loi an d'Gesetz ageschriwwen ginn.

Eischtens wäert kee Ministre du culte, dee vum Ofschloss vun de Konventiounen agestallt gouf, säi Statut verléieren, soudass säin Traitement a seng Pensioun weiderhin aus dem Statsbudget bezuelte ginn.

Zweetens gëtt d'finanziell Ënnerstëtzung eréischt dann un e Culte ausbezuelte, wann hire respektive Montant méi héich ass wéi d'Zomm vun de Pensiounen an den Traitementer, déi nach un d'Ministres du culte vun deem Culte ausbezuelte ginn. Dee Moment, wou dat de Fall ass, gëtt d'Differenz vun deenen zwee Montanten ausbezuelte, bis dass iergendwann de volle Montant iwwerwise gi kann.

Drëttens mussen zwou Dispositiounen am Code du Travail geännert ginn. Et handelt sech hei ëm d'Dispositiounen betreffend d'Schaffen um Sonndeg, déi logescherweis net fir déi nei Salarié vum de Culten applikabel kënne sinn, genauou wéineg wéi se applikabel si fir déi aktuell Ministres du culte.

Elo ass an der Press an och an der Chamberskommissioun d'Fro opgeworf ginn, ob d'Culten net awer, wéi virdrun, Ministres du culte kënne astellen, well den Artikel 106 aus der Verfassung jo net ofgeschaaft an och net ofgeännert gouf.

Effektiv bleift den Artikel 106 applikabel, mä nëmme fir déi Leit, déi ënnert deem ale Regime agestallt goufen. Et muss een näamlech den Artikel 106 zesumme mam Artikel 22 liesen, deen et de Reliounsgemeinschaften erlaabt, Konventiounen ze ënnerschréieren, also vun enger Autonomie organisationnelle an enger Liberté contractuelle ze profitéieren. D'Culten hu sech, konform zum Artikel 22, dozou verpflichtet, ebe kee Personal méi anzustellen,

dat ënnert d'Applikatioun vum Artikel 106 vun der Verfassung fält.

Och de Statsrot gesäit hei kee Problem a seet, dass d'Suppressioun vum Artikel 106 keng pré-label Konditioun ass, fir d'Konventiounen ëmzesetzen. Iwwregens gouf den Artikel 106 schon ageschränkt, andeems d'Zuel vun de Ministres du culte par convention limitéiert gouf. De Statsrot erënnert och u säin Arrêt vum 28. Juni 1916, an deem hie preziséiert, dass d'Traitementer, déi un d'Ministres du culte ausbezuelte ginn, un d'Établissements culturels attachéiert sinn an net un déi betraffe Persounen. Et sinn also d'Établissements culturels, déi hiert Recht fräi kënne aschränken, ouni dass d'Rechter vu Persounen beréiert ginn.

Als lescht Mesure gesinn d'Projets de loi dann och nach vir, dass all Mutation immobilière en faveur vun engem vun de sechs Cultë befreit ass vun deenen übblechen Droits de timbre, Droits d'enregistrement an Droits de transcription.

Wat sinn elo déi grouss Virdeeler vun deem neje Rekrutéierungsmodus fir d'Culten? Fir d'Eischt emol sinn déi nei Konventiounen a virun allem déi finanziell Enveloppen, déi all Joer ausbezuelte ginn, e kloer Statement opsäite vum Stat. Mir stinn zur fräier Reliounsausübung zu Lëtzebuerg, ouni dass de Stat sech ze vill amëscht.

D'Reliounsfreiheet ass zu Lëtzebuerg ganz kloer gestärkt ginn, an dat net nëmme, well all gréisser vertraute Relioun zu Lëtzebuerg elo och vum Stat unerkannt gëtt, mä och, well all Relioun weess, dass si iwwert déi nächst Jore finanziell ofgeséchert ass.

Dann hunn d'Culten awer och un Autonomie an u Fräiheet derbäigewonnen. De Stat mëscht sech net méi an hir Ugeleeënheeten an a si kënne selwer decidéieren, wéi vill Personal, mat wat fir engem Salaire, si brauchen a wëllen astellen.

Et ass mer nach eng Kéier wichteg, ze betounen, dass et sech heibäi net ëm eng Trennung vu Kierch a Stat handelt, mä ëm eng Neiregelung vun de Reliounen tëschent dem Stat an de Culten.

Et ass eng Realitéit, dass nach ëmmer vill Leit zu Lëtzebuerg reliés a gleeweg sinn an hire Glawen an enger Reliounsgemeinschaft ausüben wëllen. Jo, vill Leit fannen an hirem Glawen hir ganz perséinlech Daseinsberechtigung. Dese Glawen huet keen ze jugéieren, och net de Stat!

Et gëtt Leit zu Lëtzebuerg, déi e Kulturkrich wollten an nach ëmmer wëllen. Ech si frou, dass dës Leit weder an der Regierung nach an de Reliounsgemeinschaften ze fanne sinn. Béid Säiten hu sech exemplaresch verhalten an zesummen eng Léisung fonnt. Dat verdéngt Respekt an Unerkennung!

Mir wollte kee Kulturkrich a scho guer kee Reliounekrich. Et ass wichteg, dass och d'Schura elo offiziell unerkannt gëtt a keng Relioun sech benodelegt spiert. Mir kënne houerfreg drop sinn, dass zu Lëtzebuerg esou vill Unhänger vu verschiddene Reliounen friddlech mateneen an zesumme liewen. Dat ass net selbstverständlech, wann een déi international Aktualitéit verfollegt.

Madamm Presidentin, léif Kolleegen, ech hu mat engem Zitat vum Poopst Benedikt ugefaangen a géif gare mat engem Zitat aus där nämlecher Ried ophalen: „Eine vom Weltlichen entlastete Kirche vermag gerade auch im sozial-karitativen Bereich den Menschen, den Leidenden wie ihren Helfern, die besondere Lebenskraft des christlichen Glaubens zu vermitteln.“

Relioun a Glawe sinn amstand, Aussergewöhnlech aus verschiddene Mënschen ervirzebréngen, souwuel am negative wéi och am positive Sënn. Dat Negativ gesi mer all Dag an den Norichten, an ech wëll och op dës Plaz net weider dorop agoen. Loosst eis awer unerkennen, dass besonnesch am karitativen a soziale Beräich d'Reliounsgemeinschaften eng ganz wichteg Roll spillen. An ech gesinn déi Projets de loi, iwwert déi mer haut schwätzen, och e bëssen an deem Sënn.

Jo, et geet hei virun allem drëm, de Rekrutement vum Personal ofzesécheren. Et kënne awer och nei Projekte lancéiert ginn. Et ass elo schonn um Terrain bei ville Leit en neien Elan ze spieren, deen duerch déi nei Konventiounen ugefacht gouf. Vill Responsablen vun eenzelne Culten, mat deenen ech Gespréicher gefouert hunn, hu mir dat och genau esou bestätegt.

Dës Projets de loi bedeuten net d'Enn vun de Reliounen zu Lëtzebuerg. Ganz am Géigendeel: Si sinn de Garant fir d'Reliounsfreiheet zu Lëtzebuerg!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Härren, loosst mech, fir ofzeschleissen, nach den Accord zu dese Projets de loi vun der Demokratescher Partei abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Rapporteur Lex Delles. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll fir d'Eischt dem Lex Delles Merci soe fir säin objektiven an och ganz neutrale Rapport, deen e vun dese Gesetzesprojete gemaach huet.

Eist Land, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Härren, brauch geregelt Verhältnisse tëschent Kierchen a Stat. Dëst ass haut vläicht méi wichteg wéi jee! De Glawen ass Privatsaach, mä d'Verbrede vu reliése Messagen an hiren Inhalt ginn de Stat och eppes un.

D'CSV begreißt duerfir, dass déi eenzel Konventiounen, déi mir haut virleien hunn, de Respekt vun de Grondrechter, der öffentlecher Uerdnung an den demokratesche Wäerter an de Vierdergrond stellen.

D'CSV huet och notéiert, dass déi eenzel Reliounsgemeinschaften sech géintwuer dem Stat vertraglech verpflichtet hunn, d'öffentlech Uerdnung och unzërkennen. Bei der Fro vun dem Respekt vun der öffentlecher Uerdnung ass et fir d'CSV wuelverstanen déi Lëtzeburger öffentlech Uerdnung, déi spillt, esou wéi se hei am Land verstanen, unerkannt an och geléift gëtt. Et ass net d'öffentlech Uerdnung, wéi déi reliés Communautéit se versteet.

D'CSV begreißt et och, dass déi zu Lëtzebuerg unerkannte Reliounsgemeinschaften et fäerdegbruecht hunn, aus engem Mond ze schwätzen. Duerfir soe mir och jo zu neie Konventiounen. Mir soen awer neen zu der Aart a Weis, wéi d'Regierung hei virgaangen ass.

D'CSV bedauert kloer an däitlech, dass dës Konventiounen dach ënner engem gewëssen Drock zustane komm sinn. Den 20. Januar 2015 sot de Statsminister Xavier Bettel op dëser Chambertribün dat heiten: „Mir schreiwen all zesumme Geschicht - an ech insistéieren op den 'all zesummen': Regierung, Chamber a Culten.“ De Statsminister huet op den „zesummen“ gepocht, woubäi den „zesummen“ fir eis e bësse méi schwéier novollzéibar ass.

Déi Konventiounen, déi deemools ënnerschrifwe goufen, sinn ënnert dem Drock vun engem Referendum zustane komm. Esou hunn et zumindest d'Kierchevertreider an och vill aner Leit, Gleeweger an Ongleeweger, ëmfonnt.

Déi ominéis véiert Referendumsfro, déi do sollt heeschen: „Befürworten Sie die Idee, dass der Staat nicht mehr die Verpflichtung hat, die Gehälter und Pensionen der Geistlichen und Laienhelfer der anerkannten Glaubensgemeinschaften zu übernehmen?“, hat eiser Meenung no haaptsächlech dach den Zweck, fir e gewëssen Drock auszeüben, ass dach de Libellé vun dëser Fro sensiblement eigentlech deeselwechte gewiescht, wéi deen heitegen Artikel 106 vun der Verfassung.

Well wéi konnt eng Regierung engersäits higoen a soen: „Mir setzen eis un een Dësch mat de Kierchen, well mer wëllen diskutéieren,“ - dat ass jo och richteg - „wéi an Zukunft déi Konventiounen sollen ausgesinn“, a fir am selwechten Otemzuch eigentlech ze soen: „A mir stellen d'Referendumsfro.“ An dann, an de Woche vum Ofschloss vun de Verhandlungen, ze soen: „Wa mer eis elo net eens ginn, da kënnt d'Referendumsfro wierklech. A wann Der se wëllt eraus hunn, da musse mir eis eens ginn.“

Abee, soubal een eens war, ass déi véiert Referendumsfro och wierklech gestrach ginn. Wat mat deenen dräi anere Froen geschitt ass, do hatten d'Lëtzeburger de 7. Juni d'lescht Joer, mengen ech, eng kloer Sprooch geschwat.

Madamm Presidentin, och d'CSV hat an hirem Wahlprogramm vir, d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften nei ze regelen. Mir hätten dat awer am Konsens mat de Communautéite gemaach an net ënnert dem Drock vun enger Referendumsfro.

Fir d'CSV sinn déi Konventiounen, déi ofgeschloss goufen, e Gesamtpackage. Esou gouf et an der Chamber och presentéiert. Erauskomm ass awer éischter e Saucissonnage!

Mat der kathoulescher Kierch goufen de 26. Januar 2015 gläich dräi Konventiounen ënnerschrifwen: eng iwwert de Finanzement vun de Paschtéieschgehälter - oder villméi de Kultusdänger -, eng iwwert d'Kierchfabriken...

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes.** - Et gëtt vill méi bëlleg!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - ...eng iwwert d'Kierchfabriken an déi drëtt, Här Statsminister, iwwert de Wäerteunterrecht.

Dës dräi Konventiounen tëschent dem Stat an der kathoulescher Kierch stinn a géigesäiteger

Ofhängegkeet zueneen. Haut stëmme mir awer just iwwert déi Konventioun of, déi déi finanziell an administrativ Relatiounen tëschent dem Stat an der kathoulescher Kierch regelt. De Gesetzesprojet iwwert d'Kierchfabriken ass net prett, fir ofgestëmmt ze ginn. Als Ganz geduecht, ginn d'Konventiounen elo eigentlech häpperchersweis ëmgesat. An dat kann d'CSV net guttheeschen!

Just zur Erënnung: Den 20. Januar 2015 krut d'Institutionskommissioun vun der Chamber een net ënnerschrifwene Projet vun enger Konventioun fir sämtlech Glawensgemeinschaften presentéiert. Déi eenzeg Konventioun huet geheescht: «Convention entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et les communautés religieuses établies au Luxembourg». Si huet zu engem Deel bestanen aus enger Rei vu Bestëmmungen, déi sämtlech Glawensgemeinschaften concernéiert hunn. Zousätzlech gouf et an engem zweeten Deel nach eng Rei vu spezifesch Bestëmmungen fir jiddwer eenzel Glawensgemeinschaft. Dës eenzeg Konventioun sollt dann och zesumme vun alle Glawensgemeinschaften ënnerschrifwe ginn.

Opgrond vun dëser Konventioun gouf dunn eng Motioun vun de Majoritéitsparteien DP, LSAP an déi gréng mat 32 Stëmme vu 60 den 21. Januar 2015 gestëmmt, déi d'Regierung invitéiert huet, «à formaliser l'accord avec les communautés religieuses au Luxembourg qui permettra de redéfinir les relations entre l'État et les cultes dans le cadre d'une nouvelle convention conformément aux objectifs fixés dans le programme gouvernemental» an zweetens «à prendre les initiatives législatives, réglementaires et administratives nécessaires à la mise en œuvre de cet accord».

Obschonn d'Chamber den 21. Januar 2015 een Accord majoritaire mat 32 géint 28 Stëmme ginn huet fir eng Konventioun, nämlech den Accord fir sämtlech Glawensgemeinschaften ofzeschleissen, sinn, fënnf Deeg duerno, nämlech de 26. Januar 2015, dunn awer eenzel Konventiounen pro Glawensgemeinschaft ënnerschrifwe ginn. A fir d'kathoulesch Kierch gouf et net nëmme eng Konventioun, mä der gläich dräi! Eng fir de Finanzement vun de Kultusdänger, eng separat fir d'Kierchfabriken an eng drëtt, wéi virdru gesot, fir de gemeinsame Wäerteunterrecht.

D'Majoritéitsdeputéiert hunn also den 21. Januar 2015 der Regierung hir Zoustëmmung per Motioun ginn op een Accord, deen als solchen si formell ënnerschrifwe ginn ass! D'CSV-Fraktioun ass der Meenung, dass déi ganz Konventiounen eigentlech e Package sollten duerstellen an dowéinst och zesummen hätte sollen à terme a Kraaft trieden. D'Majoritéit vertritt hei definitiv eng aner Vue.

Madamm Presidentin, fir d'CSV stelle sech inhaltlech nach eng Rei méi fundamental juristeschen Froen, deenen och de Statsrot net op de Grond gaangen ass.

► **Une voix.** - Ooh!

► **M. Gilles Roth (CSV).** - D'Projeten, déi der Chamber haut virleien, si sécherlech kee Léierstéck vum legislative Prozess. D'Projeten zeeche sech aus, an eisen Aen, duerch eng Rei vu Rechtsensécherheeten, déi et derwärt gewiescht wieren, am Virfeld an och am Detail ze diskutéieren an ze klären. Rechtsensécherheeten, déi riskéieren, d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Kierchen och an den nächste Joren ze belastschen.

Zur Konformitéit vum Gesetz iwwert d'kathoulesch Kierch par rapport zum internationale Recht: 1801, zu engem Zäitpunkt, wéi Lëtzebuerg nach en Departement vu Frankräich war, huet déi franséisch Regierung ee Konkordat mat dem deemolege Poopst Pius VII. ënnerschrifwen.

Weder d'Regierung nach de Statsrot sinn op d'Fro agaangen, ob dës Konkordat haut nach Bestand huet oder net. Et ass sécherlech eng ganz schwierig Fro, déi iwwert déi lescht Jorzengeen zu villen Debatten an der Doktrinn gefouert huet. Mä och wann d'Antwort op dës Fro villschichteg a komplex ass, esou wier et wichteg gewiescht, sech mat där Fro am Virfeld ze befaassen.

Firwat ass eigentlech déi Fro esou wichteg? Dese Konkordat, sollt en dann nach Bestand hunn, huet d'Valeur vun engem internationalen Traité. Dat heescht, dass all Gesetz, am konkreten Fall dat Gesetz, wat d'Chamber haut soll stëmmen, dass all Gesetz konform sollt sinn zu dësem Konkordat. Ass dat net de Fall, stellt sech nämlech d'Rechtméissegkeet vum Gesetz virun de Gerichter.

Fir d'Elsass a Frankräich, dat, äänlech wéi Lëtzebuerg, net ëmmer zu deemselwechte Land gehéiert huet, huet de franséische Statsrot nämlech decidéiert, dass de Konkordat nach Bestand hätt. D'Gesetz iwwert d'Trennung vu Kierch a Stat, dat déi franséisch Assemblée nationale am Joer 1905 gestëmmt huet, appliquéiert sech net am Elsass.



Zur Fro, ob de Konkordat zu Lëtzebuerg nach Bestand huet oder net, gëtt et sécherlech eng Rei politesch Meenungen, déi an der Vergaangenheet geäussert goufen. Et gëtt och Etüden an et gëtt verschidden Avisen. Esou ass de Professor Jörg Gerkrath an engem Avis, deen d'DP als Fraktioun sengerzäit 2012 an Optrag ginn hat, zur Konklosioun komm, dass de Konkordat kee Bestand méi hätt. Fir aner Juristen, esou de Professor Alexis Pauly, ass de Konkordat net formell abrogéiert.

D'Fro, Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wie recht huet, ass eigentlech net wichteg. Mä de Problem ass deen, dass et jiddefalls keng definitiv Kloerheet gëtt. Fir dat ze ënnersträichen, folgend Feststellung: A sengem Avis zu dem Gesetz vun 1998, wat de Lex Delles och virdru mentionnéiert huet, dat bis elo och d'Relatiounen tëschent dem Stat an der kathoulescher Kierch regelt, ass de Statsrot eigentlech indirekt op d'Fro vun der Validitéit vun dem Konkordat agaangen. De Statsrot huet deemools ee positiven Avis zum Gesetz ginn, dat mat der Begrënnung allerdéngs, dass all Artikel aus dem Gesetz kompatibel mat dem Konkordat wier.

Am anere Fall, sot de Statsrot, hätt d'Konventioun net dierfe mam Bistum, mä hätt misse mam Vatikan ausgehandelt ginn. Mä implizitt heescht déi Iwwerleung awer och, dass de Statsrot 1997 der Meenung war, dass de Konkordat nach mat eenzelnen Artikelen gültig wier.

Och den Expertebericht aus dem Joer 2012 iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun de Relatiounen tëschent dem Stat an de Reliounscommunitäten zu Lëtzebuerg geet op dës kruzial Fro an a kënnt zur Konklosioun, dass d'Validitéit vun dem Konkordat zwar ni formell duerch en onofhängege Stat Lëtzebuerg unerkannt ginn ass, mä de Konkordat selwer och ni formell abrogéiert ginn ass.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Drëttens stinn iwwregens och d'Artikelen vun der Konventioun vum 26. Messidor vum Joer 9, also dem Konkordat, haut nach an eisem Code administratif. An den Artikel 14, dee beseet do ganz kloer: «Le Gouvernement assurera un traitement convenable aux évêques et aux curés dont les diocèses et les paroisses seront compris dans la circonscription nouvelle.»

Eng Foussnott vun dem Code administratif hält dann och fest: «Bien que la question, si le régime du Concordat de 1801 est resté en vigueur dans le Grand-Duché, en tout ou en partie, soit des plus controversée.» Also och do seet de Code administratif mat senger Foussnott, wéi en haut nach publizéiert ass, dass déi Fro net definitiv gekläert ass!

Et ass awer fir d'CSV, Dir Dammen an Dir Hären, dach liicht onverständlech, ënnert deene Virbemierkungen, dass de Statsrot a sengem Avis net op dës wesentlech Fro ee fir alle Mol ageet. Eng Fro, déi sech iwwregens och nach wäert beim Ofschafe vun dem Dekret iwwert d'Kierchefabriken an deemselwechte Mooss stellen.

De Refus vun der Regierung a vum Statsrot, sech mat där Fro vun der Konformitéit oder net vun dem Projet de loi mat dem internationale Recht ze beschäftege respektiv dës Fro definitiv ze klären, féiert also zu enger Rechtsongesécherheet. Effektiv ass et net sécher, dass dat neit Gesetz konform zum Artikel 14 vun dem Konkordat ass: Een Artikel, dee seet, dass d'Regierung de Paschtéier hir Gehälter bezuele muss.

Dëse Risiko muss net antrieden, mä e kann antrieden, soudass een haut net ausschléisse kann, dass eis Geriichter d'Rechtméissegkeet vun deem Gesetz, dat haut gestëmmt gëtt, emol a Fro stelle kënnen.

Zweetens: d'Konformitéit vun de Gesetzer, déi mer haut stëmmen, oder de Projets de loi par rapport zu dem Artikel 106 vun der Verfassung. Den Artikel 106 vun der Verfassung seet: «Les traitements et pensions des ministres des cultes sont à charge de l'État et réglés par la loi.»

Dësen Artikel spillt fir all unerkannte Glawensgemeinschaften. Säin historeschen Ursprung allerdéngs läit an de Relatiounen tëschent dem Stat mat der kathoulescher Kierch, well den Artikel 106, deen ass näamlech 1848 an eis Verfassung ageschriwwen ginn, laut der Doktrinn an dem Statsrot als Fortsetzung vun den Obligationen, déi de Stat via Konkordat mam Vatikan sengerzäit agaangen ass. Den Artikel 106 gëtt an der Doktrinn beschriwwen als eng natierlech Schold - wat een och ëmmer dorënner versteet -, déi de Stat vis-à-vis vun der Kierch huet. Dëst als Konterpartie vun der Beschlagnamung vun de Gidder vun der Kierch duerch de Stat.

D'Fro, déi sech hei stellt, ass eigentlech ze kucken, ob den Artikel 106 vun der Verfassung

der Kierch iwwerhaupt ee Recht gëtt, op dat d'Kierch verzichte kann, oder awer, ob den Artikel 106 eng Obligation fir de Stat geschafen huet, déi net kann ausser Kraaft gesat ginn, besonnesch virum Hannergrond vum Artikel 113 vun eiser Verfassung, dee seet: «Aucune disposition de la Constitution ne peut être suspendue.»

An enger Affär vum 10. Mee 1911 huet de Statsrot an deem Kontext vun enger Obligation geschwat. A sengem Avis zum Gesetz vun 1998, wat mer virdru schonns ugefouert hunn, also nach relativ rezent, sot och de Statsrot zu där Fro: «(...) la prise en charge par l'État des rémunérations et des pensions des ministres du culte découle d'une source constitutionnelle spécifique et autonome. (...) Les compétences réservées au législateur en application de l'article 106 (...) portent uniquement sur la détermination des traitements (...)» An anere Wieder schaaft den Artikel 106 per se ee Recht fir d'Kierchen.

An dem Avis zu dem Gesetz, dat der Chamber haut virläit, huet de Statsrot eng méi nuancéiert Position - fir dat dann emol fein auszedrücken - ageholl. Eng Position, déi dann awer och, richteraus gesot, méi Froen opwerft, wéi se der klären deet. De Statsrot seet a sengem Avis, dass déi kierchlech Gemeinschaften sech am Kader vun hirer Liberté contractuelle, an de Lex Delles huet et virdru gesot, engagéiert hätten, keng Geeschlech méi anzustellen, déi de Stat bezilt. De Statsrot vertritt d'Opfaassung, dass all reliéis Communautéit fräi ass, dat Recht, dat si nom Artikel 106 huet, an Usproch ze huelen oder net.

Weider seet de Statsrot: «Étant donné que les cultes n'engageront plus des ministres des cultes au sens de l'article 106 de la Constitution, le régime de cet article ne s'appliquera plus à l'avenir et les projets de loi (...) sont compatibles avec ledit article 106.» An anere Wieder, Här President, vertritt de Statsrot d'Meenung, dass all reliéis Gemeinschaft selwer decidéiere kann, ob se op d'Rechter, déi se no Artikel 106 vun der Verfassung huet, verzicht oder net.

Dës Position, also den Artikel 106, ee Recht, op dat d'Kierche fräiwëlleg verzichte kënnen, féiert an duebeler Hisiicht awer zu enger Ongesécherheet:

Éischtens ass dat eng Position, déi weder an der Doktrinn nach historesch vun dem Statsrot gedeelt gëtt - ech hu virdrun d'Argumenter ugefouert -, soudass et net sécher ass, dass d'Gesetz enger Iwwerpräiwung duerch eist Verfassungsgericht standhält.

Zweetens heescht dat virun allem och, dass all Kierchegemeinschaft selwer entscheet, ob si op hir Rechter no Artikel 106 verzicht oder net. Wat geschitt dann awer elo, wa muer eng Kierchegemeinschaft freet, dass se vum Artikel 106 awer profitéiere wëlt? Dem Statsrot senger Liesart no kann eng Regierung dat net refuséieren, ouni géint den Artikel 106, soulaang en an der Verfassung steet, ze verstoussen.

De Rapport d'experts aus dem Joer 2012 iwwert d'Relatiounen zu Lëtzebuerg tëschent de Kierchen an dem Stat kënn zu der Konklosioun: «En ce qui concerne la rédaction de l'article, prévoir le financement des traitements et pensions est restrictif, en ce sens qu'il impose la forme de soutien financier que l'État apporte aux communautés cultuelles, excluant...» - excludant! - «...par exemple l'octroi d'une subvention globale plutôt que le paiement des traitements.» Dat seet, wéi gesot, den Expertebericht vum Joer 2012.

D'CSV, Här President, ass duerfir der Meenung, dass et och net geet, dass zwou Parteien iwwer ee Recht vun engem Eenzelne verfügen, näamlech dat konstitutionellt Recht vun engem Geeschtlechen, seng Pai vum Stat - vum Stat! - ze kréien. Dat ass fir d'CSV doriwwer eraus och e geféierleche Précédent an anere Beräicher, wou Leit eigentlech individuell Verfassungsrechter zouerkannt kréien, an Associatiounen oder Syndikater géifen dorops verzichten.

Drëttens, d'Gesetz ass op verschiddene Plazen extrem onprezis. An dat ass och eng weider Source vu Rechtsongesécherheet. D'Interpretationsdivergenze sinn au vu vun der dach oft schwammeger Terminologie, déi d'Projet-de-loie gebrauchen, elo schonns virprogramméiert.

Zu der Kontroll vun de Konte vun de Kierchegemeinschaften. Laut Konventioun muss all Kierchegemeinschaft hir Konte vun engem Réviseur iwwerpräiwe loosse. D'Konten an de Rapport vum Réviseur mussen dem Kultusminister, an dësem Fall dem Statsminister a Persoun, zur Informatioun zougestallt ginn. Souwäit steet et an de Konventiounen.

D'Gesetz geet awer méi wäit. Laut Gesetz kann de Stat selwer sur place goen a kontrolléieren, wat mat de Sue geschitt, well et ass näamlech eng Referenz op d'Kontabilitéitsgesetz vun 1999 am Text vum Projet de loi.

De Generalvikar vun der kathoulescher Kierch huet de Chamberspräsident an engem Bréif vum 3. Mäerz 2016 dorobber higewisen, dass si net averstane si mat där Ajoute, well dat net dem Text vun der Konventioun entsprécht. De facto entsprécht d'Gesetz also net der Konventioun, déi tëschent zwee Partner ënnerschriwwen ginn ass. Dës Konventioun huet awer hiren Ursprung am Artikel 22 vun der Verfassung. Ee Widdersproch also tëschent Gesetz a Konventioun. Eng Konventioun, déi eng verfassungsrechtlech Basis opgrond vun dem Artikel 22 vun eiser Constitution huet, also schonn nees eng nei Rechtsongesécherheet.

Zu dem Respekt vun de Mënscherechter duerch d'Kierchegemeinschaften. De Stat dierf eng Kierchegemeinschaft net finanziell ënnerstëtzen - dat ass am Projet de loi esou festgesat, an de Lex Delles huet dat och ënnerstrach -, falls si d'Mënscherechter respektiv d'effentlech Uerdnung net respektéiert. Laut Konventioun muss d'Kierchegemeinschaft souguer all Member... Ech widerhuelen nach eng Kéier: D'Kierchegemeinschaft muss der Konventioun no all Member écartéieren, deen dës Prinzipien net akzeptéiert. Et geet also vun uewe bis no ënnen.

Elo ass et sécherlech esou, dass den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter toleréiert, dass d'Liberté religieuse verschidde Rechter kann ausser Kraaft setzen. Esou dierf zum Beispill d'kathoulesch Kierch enger Fra refuséieren, fir Paschtouer ze ginn - haut nach -, mä dës Violatioun do muss sech strikt op d'intern Organisatioun vun där betreffender Kierchegemeinschaft beschränken.

Wéi ass et dann awer elo, wann eng Kierchegemeinschaft zum Beispill enger Fra an engem Mann verbitt, zu darselwechter Entrée an d'Haus vun der Glawensgemeinschaft eranzugeen? A wat geschitt virun allem, wann eng verschleiert Persoun géint ee kommunaal Reglement, also och géint den Ordre public verstéisst? Firwat huet d'Regierung - dat ass eis Fro - keng Prozedur festgeschriwwen, no där se d'Ausbezuere vun der finanzieller Enveloppe refuséiere kann?

E weidere Punkt: zu der Acquisitioun vun engem Immeuble duerch eng Kierchgemeinschaft. Eng Kierchegemeinschaft brauch op Immobilientransaktiounen keng Taxen a keng Enregistrementfraisen ze bezuelen, dat ënnert der Konditioun, dass dës Transaktioun «dans l'intérêt...», esou wéi et an dem Gesetz heescht, «... de l'exercice du culte» gemaach gëtt.

De Statsrot huet d'Fro opgeworf, wat dat dann heescht, an d'Regierung opgefuerdert, och dës Expressioun ze definéieren. An eis, Här President, als CSV géif et och interesséieren, wat dat dann heescht: «dans l'intérêt de l'exercice du culte». Wann eng Immobilie kauft gëtt, fir Coursen zum Beispill ofzehalen, wat heescht do den Exercice du culte? Wat heescht den Exercice du culte, wann eng Immobilie kauft gëtt, fir d'Weiderbildung ze organiséieren? Wat heescht den Exercice du culte, wann eng Immobilie kauft gëtt, fir e Versammlungsraum ze schafen? Rezent Beispiller aus der Aktualitéit kënnen dozou dëngen.

Wou fänkt den Exercice du culte un a wou hält och den Exercice du culte virun allem op? An der Institutionskommissioun huet d'Regierung gesot, dat misst d'Steierverwaltung dann decidéieren. D'CSV hätt et begréisst, wann d'Regierung hir Responsabilitéit hei geholl hätt an der Verwaltung an dësem Fall net de Schwarze Péiter zougeschoustert hätt.

Iwwregens wier dës Virgeëensweis, näamlech dass d'Gesetz prezisiéiert hätt, wat dann Exercice du culte ass a wat et net ass, vill méi am Aklang gewiescht mat dem Artikel 101 vun eiser Verfassung, deen do seet: «Nulle exemption (...) ne peut être établie que par une loi.» An dësem Fall ass déi waarm Gromper awer bei den Enregistrementsdirekter iwwergaangen, an de Verwaltungsdirekter, dee muss elo am Endeffekt decidéieren, wat zum Exercice du culte gehéiert a wat net.

Als Schlussfolgerung, Här President: Wat ass dann elo vun där Reform, déi d'Relatioun tëschent Stat a Kierche regelt, zréckzebehalen? Wéi sollt déi Reform qualifizéiert ginn? Ass et eng grouss strukturell Reform, déi ugekënnegt gi war betreffend d'Trennung vu Kierch a Stat, oder ass et éischer eng punktuell Adaptatioun, déi sech virun allem um budgetäre Plang auswierkt?

D'Kritären, déi d'Regierung am Préambule vun de Konventiounen opféiert, fir ze justifiéieren, firwat mat verschiddene Glawensgemeinschaften eng Konventioun ënnerschriwwen gouf a mat aneren net, si grosso modo déiselwecht Kritären, déi och schonns 1998 an enger Motioun vun enger deemoleger CSV/LSAP-Majoritéit - dat waren nach Zäiten! - festgehalen goufen, näamlech: D'Relioun muss weltwäit unerkannt sinn; d'Glawensgemeinschaft muss déi lëtzebuergesch effentlech Rechtsuerdnung

respektéieren; d'Glawensgemeinschaft muss fest hei zu Lëtzebuerg an der Gesellschaft verankert sinn. Op deem Punkt also keng fundamental Neierung.

D'Trennung vu Kierch a Stat? Wat ass dann elo fundamental changéiert? Laut Exposé des motifs vun de Gesetzer ass d'Relioun eng Privatsaach. Am gläichen Otemzuch gëtt geschriwwen, dass d'Reliounen eng wichteg Roll an der Gesellschaft hunn an duerfir och finanziell ënnerstëtzt ginn. Dat ass och net direkt nei. Nei ass effektiv, dass an Zukunft de Chef vum jeeeweilige Kultus net méi vum Kultusminister muss approvéiert ginn; an der Vergaangenheet awer och éischer eng Pro-forma-Approbatioun wéi e wirklecht Vetorecht.

Wéi an der Vergaangenheet accordéiert d'Regierung de Kierchen d'Recht, verschidden Artikelen aus dem Code du Travail betreffend d'Aarbechtszäiten net ze respektéieren. Wéi an der Vergaangenheet sinn d'Glawensgemeinschaften och an Zukunft fräi, fir sech territorial ze organiséieren. Wéi an der Vergaangenheet ass fir all Glawensgemeinschaft een Organ respektiv eng Persoun virgesinn, déi d'Kierch vis-à-vis vum Stat vertritt. Wéi an der Vergaangenheet accordéiert de Législateur der Kierchegemeinschaft eng Personnalité juridique.

Op verschiddene Punkte ginn déi nei Konventiounen souguer méi wäit wéi an der Vergaangenheet. Déi fiskal Avantagé vun de Kierchegemeinschaften bei der Acquisitioun vun engem Immeuble ginn effektiv méi grouss. De Stat gëtt sech fir d'Zukunft d'Recht, d'Finanze vun de Kultusgemeinschaften sur place ze kontrolléieren. Punkten, déi eigentlech net erlaben, vun enger méi grousser Trennung vu Kierch a Stat ze schwätzen.

Et bleift eigentlech déi eenzeg fundamental Annerung par rapport zu der aktueller Situatioun: D'Gehälter vun de Ministres des cultes ginn net méi direkt vum Stat iwwerholl, mä d'Kierchegemeinschaften kréien eng finanziell Enveloppe vum Stat, fir d'Gehälter kënnen ze bezuelen.

Am Moment iwwerhëlt de Stat ronn 24 Milliounen Euro u Gehälter, an Zukunft nach ronn 8,5 Milliounen Euro. Eleng bei der kathoulescher Kierch geet de Chiffer da méttelfristeg, vu d'Iwwergangsbestëmmungen, vun 22 Milliounen op 6,5 Milliounen zréck. Dat ass am Endeffekt dee grouss Wiessel; éischer net strukturell, mä éischer eng politesch, ideologesch Spuermoossnam, dat Ganzt verpakt an engem Gesetz, wat ënner Drock zustane komm ass, wat...

**(Interruption)**

...verfassungsrechtlech zweifelhaft ass a wat risquéiert, op méi wéi engem Punkt rechtlech net d'Strooss ze halen.

Här President, d'CSV wäert aus deene Grënn dës Gesetzesprojeten net zoustëmmen. Ech soen lech alleguerter Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gewëssensfräiheet, d'Versammlungsrecht, d'Glawensfräiheet, déi positiv an déi negativ, dat heescht och d'Recht, sech net an engem Glawen ze bedeelegen, d'Netdiskriminéierung, d'Neutralitéit vum Stat a Reliounsfree garantéieren d'Grondrechter a Fräiheeten.

Lëtzebuerg leeft an esou engem System. Lëtzebuerg leeft och an engem System vun Trennung vu Kierch a Stat. Keng radikal, keng absolut Trennung, mä iwwert déi lescht Jorzéngten eng progressiv Entflechtung vun dem Stat an de Kierchen. De facto an de jure. Lëtzebuerg leeft an esou engem System vun Netamëschung vum Stat an d'Interna vun der Kierch; an dat gëtt nach eng Kéier mat dëse Konventiounen méi staark prononcéiert. Awer och e System, wou d'Kierche sech aus den Affären vum Stat erauszehalen hunn.

An ech si frou, dass mer an esou engem System liewen. Eis aktuell Verfassung ass déi, opgrond vun där och déi Konventiounen hei geholl gi sinn an déi Gesetzer wäerte gestëmmt ginn. Déi garantéiert déi Grondfräiheeten, déi d'Relioun an d'Culten ugeet am Artikel 19. Déi nei Verfassung soll zousätzlech d'Prinzipie vun Neutralitéit an Trennung vu Stat a Glawensgemeinschaften an d'Verfassung iwwerhuelen.

Hei ass mat 55 Stëmmen, bei 5 Géigestëmmen d'lescht Joer eng Resolutioun gestëmmt ginn, wou mer eis eens gesat hunn, ënner anerem och, fir den Artikel 106 vun eiser Verfassung,



deen haut d'Obligatioun vum Stat festleet, fir d'Gehälter an d'Pensioune vun de Ministres des cultes ze iwwerhuelen, ersatzlos aus der Verfassung ze sträichen. Den Artikel 22 verschwënnt eigentlech och aus dem neie Verfassungstext. E gëtt allerdéngs ersat duerch eng Referenz eigentlech un eng Aart Gesetz iwwert d'Reliounen, mat der Méiglechkeet, fir och weider Konventiounen, Stat an unerkannte Glawensgemeinschaften, ze féieren.

Mä loosse mer net an d'Zukunft kucken, och wann dat Ganzt jo eigentlech e Pak duerstellt, an et kann een dat, mengen ech, net als Saucissonnage hei betruechten. Hei ass e globalen Accord fonnt ginn, no net einfache Verhandlungen, deen och, mengen ech, nëmmen an dëser politescher Konstellatioun méiglech gewiescht wär, well ech jo och d'Absichte vun der CSV, well ech se scho laang genuch cotoyéieren, kennen an där doter Hisiicht.

D'CSV wollt ëmmer de belsche System hei zu Lëtzebuerg aféieren. Formal gesinn dann, d'Netglawensgemeinschaft mat de Glawensgemeinschaft gläichstellen, déi belsch Texter huelen. An da wäre sécherlech... Et wäre vläicht d'Enveloppes financières vun haut agefuer ginn, an da wär dat schéi weidergelaft wéi bis elo.

Dat Ganzt natierlech ugeräichert mat Expertebericht virun, fir op der Zäitschinn iergendwéi och eng gewëssen Akzeptanz da fir esou kleng Modifikatiounen ze kréien. Et ass déi klassesch Aart a Weis, wéi d'CSV un esou Reformen erugeet. An esou wär et wahrscheinlech och gaangen, wa se no de leschte Wahlen nach weider an der Regierung bliwwen wär.

Bon, dës Koalitioun huet eng aner Approche gehat. Si ass deen Dossier behäerzt ugaangen. Si ass e relativ schnell ugaangen am Ufank vun hirer Mandatsperiod. A si huet dat och gemaach op engem kloere Wieleroptrag, deen déi dräi Parteien haten opgrond vun hire Wahlprogrammer, fir deen dote Problem behäerzt unzuegoen.

#### (Interruptions diverses)

Bon. Ech géif lech bieden, déi Wahlprogrammer vun deenen dräi Parteien ze liesen, och ze liesen, wat déi Politiker während der Wahlkampagne zu deenen dote Froe gesot hunn! Dat hei ass genau an déi Richtung, wou déi dräi Wahlprogrammer, mat Nuancé vun engem Wahlprogramm op deen aneren, op jidde Fall awer gaange sinn. An hei gëtt also dat gemaach, wat u sech déi dräi Parteien... Ech schwätze fir meng Partei. Do hunn ech guer kee Problem, fir de Wahlprogramm nach eng Kéier hei ze zit'éieren. Mir sinn amgaangen, deen hei schrittweis ëmzesetzen.

An et ass och, mengen ech, gutt esou, dass ee sämtlech Aspekter behandelt, well nëmmen e globalen Accord ass méiglech. An deen Accord ass net duerch en Diktat vun enger Regierung erreecht ginn, déi dat de toute façon net hätt kënne maachen. D'Regierung ass jo gebonnen un déi besteeënd Konventiounen a si ka jo net eesäitig dohinneergoen an déi lafend Konventioun mat de Culten opkënnegen. Also huet se Verhandlungen ugefaangen, fir déi Konventiounen ze änneren, a gläichzäitig och e politeschen Accord gesicht, wat déi zukünftige Verfassungsbestëmmungen zu de Culten ugeet. An do hu mer jo och hei an der Chamber deen Accord fonnt; et sief, d'CSV géif hir Zoustëmmung reniëieren zu deenen dote Punkten.

Voilà, dat ass, mengen ech, d'Approche gewiescht an deem Ganzen.

Haut si mer dann net mam éischten Text befaasst, deen déi dote Matière betrëfft, mä et ass eigentlech schonn deen drëtten, deen déi Matière vun de Relatiounen Kierchen a Stat betrëfft. Deen éischten, dat war kee Gesetzesprojet. Et war, mengen ech, symbolesch wichteg, well och do ass schonn zéng Joer laang driwwer diskutéiert ginn an et ass strictement näischt passéiert. Dat sinn d'zivil Zeremonien, wat den Nationalfeierdag ugeet. Ech mengen, dat ass esou en Erfolg, dass keen, egal wat fir eng politesche Konstellatioun, wäert drun denken, dat erm eng Kéier réckgängeg ze maachen.

Et ass weidergaange mat der Reform, Deelreform vum Dekret iwwert d'Kierchefabriken, wou erausgeholl ginn ass d'Obligatioun haaptsächlech vun de Gemengen, fir d'Defiziter vun de Kierchefabriken ze droen, wou och erausgeholl ginn ass d'Obligatioun, fir eng Wunneng fir de Paschtouer gratis zur Verfügung ze stellen. Alles dat, mengen ech, si wichteg Deelaspekter vun där ganzer Problematik. Dat ass och effektiv mam Accord mat de be-  
traffene Konventiounen geschitt.

A schliisslech dann dee Projet, dee mer elo viru Kuerzem gestëmmt hunn, wat d'Afféierung

vum Wäerteunterrecht am Lycée ugeet. De Projet de loi iwwert de Wäerteunterrecht an der Grondschoul ass jo schonn deponéiert. Dee wäerte mer also och dann deemnächst hei an der Chamber diskutéieren.

An da schlussendlech dës Projet, deen de finanzielle Volet vun de Relatiounen nei regelt, oui eng Revolution duerzestellen. Dat huet jo och bis elo, mengen ech, kee behaapt. Dat hei ass keng radikal Revolution mat deem, wat war, mä et ass eng weider Etapp an enger Entwécklung, wéi se iwwer laang Jorzéngte gaangen ass, wat d'Relatiounen vun de Culté mam Stat ugeet. Eng weider Etapp, déi nach méi staark eigentlech d'Iddi vun der Trennung vu Stat a Kierche betount, virun allem awer och vun der Autonomie vun de Glawensgemeinschaften par rapport zum Stat, déi eng manner staark Ofhängegkeet kréie par rapport zum Stat.

An anere Länner si grouss Reliounen, wéi... D'protestantesch Kierch a Schweden huet gefrot, fir aus deem System vun de Finanzéierung vum Stat erauszekommen, well de Stat sech natierlech - wat d'Contrepartie misst sinn, déi awer zu Lëtzebuerg ni esou exercéiert ginn ass - an alles agemëscht huet, all Nominatiounen an där Kierch huet misse mat approuvéieren. A si soten: „Neen, wann ech gelift befreit eis dovunner!“ Hir Constitutioun ass als Lescht geännert ginn op Demande hi vun der Kierch, well se net méi wollt ënnert der Tutelle an der finanzieller Ofhängegkeet vum Stat stoen.

Abee, hei gi mer e Schratt an déi dote Richtung. Déi heite Reform ass an der histoirescher Entwécklung vun deene punktuellen Ofännierungen, déi iwwer eng ganz laang Zäitperiod komm sinn, wat d'Relatiounen mat de Culten ugeet, haaptsächlech natierlech och d'Relatiounen mat där gréisster Glawensgemeinschaft, der kathoulescher Kierch hei zu Lëtzebuerg.

D'Glawensgemeinschaften genéissen hei zu Lëtzebuerg, an dat ass gutt esou, Autonomie a Selbstbestëmmung. An ech mengen, dass dës Element vun eiser Gesellschaft duerch dës Konventiounen méi gestärkt gëtt an net geschwächt gëtt. D'Kooperatioun tëscht dem Stat an de Glawensgemeinschaft bleift bestoen. Déi gëtt net verbueden. Si kritt en anere Charakter. Si verléiert hire spezielle Charakter, dee se bis elo hat, mä selbstverständlech bleift déi Kooperatioun Stat/Kierchen e Bestanddeel vun der méi breeder Sphär vun de Relatiounen, déi de Stat mat anere relevante gesellschaftleche Gruppe flegt. An dozou gehéiere selbstverständlech och sämtlech Glawensgemeinschaften, sämtlech Kierchen hei zu Lëtzebuerg.

D'Kierchen/d'Relioune sinn e Bestanddeel vun eiser Gesellschaft, sinn awer net en Deel vum Lëtzeburger Stat. Glawen ass an éischter Hisiicht eng privat Ugeleeënheet, mä Reliounen, och Weltanschauungen sinn awer e gesellschaftleche Phänomeen, deen een net kann aus dem éffentleche Raum erausdrängen, deen dran ass, wou ee sech awer vläicht muss iwwerleeën, och Regele festzeleeën, wat deen dote Punkt ugeet. De Fait religieux ass also eng gesellschaftlech Realitéit, déi een net kann an och net däréi ignoréieren.

D'kathoulesch Kierch war och eigentlech hei zu Lëtzebuerg, zumindest de jour comme de nuit, eng Statskierch, esou wéi ee se an eenzelnen anere Länner kennt huet. De facto hat se natierlech eng ganz staark Positioun iwwer laang Jorzéngten hin. A si huet sécherlech bis elo eng ganz Rëtsch vu Privilegien genoss, déi aner Reliounen, déi wuel esou respektabel sinn, net haten.

Hei ass während iwwer 100 Joer géint de Gläichheetsprinzip verstouss ginn, wéi en an eiser Verfassung verankert ass, dass all Glawensgemeinschaften, déi eng gewësse Relevanz hunn, déi e gewëssene Support hunn, déi hei zu Lëtzebuerg verankert sinn, dass mer déi och d'selwecht behandelt hunn. Dat huet wéineg Leit opgereegt bis elo.

A besonnesch eng CSV, déi elo, anstatt sech zum Fong ze positionéieren, eigentlech bal ausschliisslech juristesche Froen hei opgeworf huet, huet komescherweis vergiess, an deene leschte Jorzéngten déi dote Fro ze thematiséieren. Et huet se net schockéiert, dass, entgéint dem Gläichheetsprinzip, nëmmen eng kathoulesch Kierch iwwert d'Kierchefabrick Privilegien huet, dass nëmmen eng kathoulesch Kierch Reliounsunterrecht an de Schoulen däréi halen.

Dee flagrante Verstouss, net nëmme géint eise Verfassungsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, mä och géint iwwer internationale Konventiounen, wéi der Europäescher Mënschenrechtskonventioun, do gëtt et x Jurisprudenzen iwwert deen dote Punkt, deen huet d'CSV ni schrecklech opgereegt.

Just, kann ech mech erënneren, am Kader vu Koalitiounsverhandlungen, déi mer emol hatten, wou da vereinbart ginn ass, wann éiere

géif en Uerteel kommen, dass och missten aner Reliounen Zougang kréien zu de Schoulen, dass een da misst an eng aner Richtung goe mat engem eenheetlechen Unterrecht, awer et misst séchergestallt ginn, dass déi Leit, déi déi Coursen halen, och professionell ofgeséichert wäeren. Méi wäit ass dat bis elo net gaangen. Eigentlech en Ageständnis, dass een duerchaus wousst, dass hei grouss Prinzipien, grouss Rechtsprinzipien zu Lëtzebuerg mat Féiss getrëppelt ginn.

Abee, dat gëtt hei geännert. An dat ass, mengen ech, dee grouse Schratt, dee mer hei maachen. De Gläichheetsprinzip vun de Glawensgemeinschaften gëtt an Zukunft voll respektéiert, wann dës Koalitioun fäerdeg ass mat hirer Neidefinéierung vun de Relatiounen tëscht de Kierchen an dem Stat.

Et kënnt och Transparenz an d'Finanzsituatioun eran. Do, wou eng komplett Opacitéit, mat der Connivence vun de politesche Sphären, geherrscht huet, wat d'Kierchen, a besonnesch wat d'kathoulesch Kierch ugeet, gëtt iwwert deen heiten Text garantéiert, dass musse Kontrolle gemaach ginn, dass muss publizéiert ginn, dass endlech also och an deem dote Punkt Liicht an déi finanziell Affäre vun de Glawensgemeinschaften erakënn. Wat jo och normal ass, well se jo och vum Stat deelsubventionéiert ginn an och an Zukunft wäerte weider deelsubventionéiert vum Stat ginn, och wann d'Enveloppe méi kleng si wéi déi, déi se haut hunn.

Mir mengen, dass déi Enveloppen ugepasst sinn och un déi Substanz, déi déi eenzel Kierchen eigentlech haut nach hunn. Och eng kathoulesch Kierch huet net méi dee Stack vun Unhänger, dee se nach virun enger, zwou Generatiounen hat. Déi Zuele schwätzen eng ganz kloer Sprooch. Si huet awer komescherweis nach ëmmer d'Zuel vun de Posten, déi déiselwecht ass. Déi huet net geännert!

Ech war schonn derbäi als Regierungsvertreder bei de Verhandlungen mat de Kierchen, déi zur éischter Konventioun gefouert hu vun 1998. Firwat ass et iwwerhaapt zu deene Konventiounen komm? Wéi ass huet mat där gréisster Kierch hei zu Lëtzebuerg de Stat ni dru geduecht? Well si natierlech net wollten - do gesäit een, wie wiem eppes virschreift - esou Konventiounen ofschléissen. Also net well mat enger klenger Gemeinschaft fir d'Éischt eng ofgeschloss ginn ass, mä well bis dato d'kathoulesch Kierch ganz gutt mat där Situatioun gefuer ass. Si huet alles kritt, wat se gäre gehat hätt, bis op eemol Zweifel komm sinn, ob dann déi Dispositioun notament vum Artikel 106, déi vum Ministere des cultes schwätzt, dann esou kloer ass, wéi gemengt ginn ass.

Wien ass dann de Ministere des cultes? Wien definéiert dat? Ass dat d'Glawensgemeinschaft selwer? Ka se dat no eegenem Gutdünke maachen, an en Drëtten - de Stat - däréi bezuelen? Oder misst een net déi Definitioun huelen, wéi se war dee Moment, wéi déi Verfassungsbestëmmung festgeschriwwen ginn ass?

An da si mer an enger Situatioun, wou eigentlech keng Laie méi därerten iwwert de Statsbudget bezuelt ginn. Or stellt ee fest, an dat war dat, wat d'kathoulesch Kierch gesicht huet an där Konventioun vun '98, dass do an der Definitioun vun deene Posten, déi da vum Stat weider gedroe ginn, eng Opzielung gemaach ginn ass vun deenen eenzelne Posten. A wann ech dat richtigeschätzen - ech si kee grouse Spezialist -, sinn iwwert d'Halschent vun deene Posten Netgeeschlechter, also, an enger strikter Ausleeung vun der Notioun vun de Ministres des cultes, net déi, déi eigentlech mussen hir Gehälter an hir Pensioune vum Stat bezuelt kréien.

Et kann een also soen, wann een dat restriktiv ausleet, dass déi Konventioun vun '98 wäit iwwert dat erausgaangen ass, obwuel et ni esou duergestallt ginn ass, wat eigentlech d'Obligation constitutionnelle wär, fir Käschten, Personalkäschten ze iwwerhuelen.

Op där anerer Säit sinn et Kräfte ginn, déi déi dote Konventioun wollten, well zumindest en Deckel agefouert ginn ass vu Posten, well wann een dat net gemaach hätt, dann hätte kënnen eigentlech d'Kierche weider Lëschten eragi vu Leit, déi si beschäftegt hätten, a wou dann de Stat zu honnert Prozent déi Käschten an d'Nofolgekäschten iwwerholl hätt. Dat waren d'Intérëten, wéi et se sengerzäit waren: eng gewësse Rechtssécherheet ze kréien.

Mä all déi juristesche Froen, déi elo vum CSV-Spreecher hei ervirgedroe si ginn, déi hu sech alleguerter praktesch schonn '98 gestallt! Ech ka mech net erënneren, dass mer laang iwwert d'Konkordat hei an der Chamber diskutéiert hätte beim Gesetz, dat déi Konventioun mat eenzelne Kierche festgeluecht huet. Or, déi Froe stelle sech éiweg.

An ech halen et och do mam Jean-Claude Juncker, deen hat eng fest Positioun als Statsminister. Dee sot: „De Konkordat ass zu Lëtzebuerg

net méi uwendbar.“ Dat war seng fest politesch Iwwerzeegung. An dat huet en och nach bei den Debatten hei an der Chamber e puermol widderholl gehat. Dat ass, soen ech och, meng fest Iwwerzeegung, notament opgrond vun engem Artikel vun eiser Verfassung, dee komescherweis vu gewëssene Säiten ni zit'éiert gëtt. Ech verstinn et net. Eng Verfassung, mengen ech, déi muss een ëmmer bis zum Schluss liesen.

Do sinn heiansdo déi interessantst Artikelen. Et ass den Artikel 119. Deen ass bei den Dispositions transitoires. An dee seet eppes ganz Geheimnisvolles. Dee seet: «En attendant la conclusion des conventions prévues à l'article 22», dat sinn d'Konventiounen mat deenen eenzelne Kierchen, «les dispositions actuelles relatives aux cultes restent en vigueur.»

Dat heescht also ëmgedréit: Wa bis déi Konventiounen geholl sinn, da verfallen duerch eis Constitutioun all besteeënd al Dispositiounen, déi d'Culté betreffen, menger Usiicht no, ënner anerem den Dekret, deen d'Kierchefabriken instauréiert, soudass sech d'Fro stellt, ob zënter 1998 iwwerhaapt nach deen Dekret iwwert d'Kierchefabriken iergendeng juristesche Valeur huet. Duerfir freeën ech mech drop, wa Leit wëllen herno eng Kéier virun d'Gerichter trieden, da kréie se och déi dote Fro vläicht gekläert. Mä et geet vläicht net an deem Sënn, wéi si sech dat virstellen.

Hei gi mer also an e ganz komplex Feld eran. An ech mengen, et soll ee sech net hei verfänken a juristesche Spëtzfëndegkeeten, déi een eréischt entdeckt, wann een net méi op där Säit ass, déi d'Texter mécht. Déi hu sech alleguerter d'selwecht gestallt och 1998. Déi bleiwen esou kloer oder onkloer, wéi een et gesäit. Et ass op jidde Fall net de Feeler vun dëser Majoritéit, wann dat esou ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Bodry, entschëllegt! Den Här Roth, wann Der erlaabt, wëllt eng Zwëschebemierkung maachen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wann den Här Roth dat Bedürfnis huet, da soll e sengem Bedürfnis nokommen.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat do ass zweedeiteg.

#### (Hilarité)

Här Bodry, Dir hutt Är Meinung an der Fro vum Konkordat.

#### (Interruption)

Mir sinn eis eens: Ganz kloer ass et net. Dir sot zwar, Dir hutt Är fest Iwwerzeegung. Ech erlabe mer, lech awer trotzdem ze korrigéieren. Dir hutt gesot, déi Fro, déi wier ni an der Chamber opgeworf ginn. Ech hunn hei d'Travaux préparatoires an notament de Rapport vun der Institutionskommissioun zu dem Gesetz vun '98. Do waren dann derbäi: den Här Bilgen - Président-rapporteur -, den Här Asselborn, den Här Bourg, den Här Helminger, den Här Henckes, den Här Klein, den Här Lux souguer, den Här Mosar, den Här Rippinger, d'Madamm Renée Wagener an den Här Weiler.

Abee, do ass ganz kloer festgehal ginn an deem Rapport: «Il reste que le concordat de 1801 qui a été suivi de la publication d'articles organiques (...) n'a jamais été aboli expressément.» Dat heescht,...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, bon, dat ass awer keng grouss Nouvelle, dat do.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, jo.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Selbstverständlech! Selbstverständlech, ech hunn hei...

#### (Interruptions)

Ech hunn hei geschwat vun engem Artikel vun der Verfassung, et ass natierlech eng Abrogation implicite gewiescht. Mä selbstverständlech ass dat do richtig. Dat wëllt awer net heeschen, dass en nach en vigueur ass.

Dir leet doraus eraus Saachen, déi eigentlech ni d'CSV-Thees, ni offiziell CSV-Thees waren. Ech si laang genuch mam Jean-Claude Juncker an der Regierung gewiescht, wou ëmmer gesot ginn ass: „D'Konkordat besteet net méi, an d'Lëtzeburger Regierung refuséiert, mam Vatikan iwwer en neit Konkordat ze schwätzen.“ Dat war déi gängeg Positioun vun CSV-geféierte Regierungen. D'LSAP hat do keng aner Meinung an där Hisiicht wéi d'CSV. Wann d'CSV elo hir Meinung ännert, da solle se dat explizéieren, firwat se elo net méi déi Positioun hunn, déi de Jean-Claude Juncker als Statsminister ëmmer hei och an der Chamber kloer zum Ausdrock bruecht huet.

Wa mer zrëckkucken, an et ass zum Deel vum Rapporteur gemaach ginn, deem ech meng Unerkennung géif ausschwatze fir déi Aarbecht an deem heiten Dossier, da gesäit een, dass och déi Konventiounen, dat war ëmmer



schwiereg. Dat huet sech iwwer laang Zäit voll-zunn. An eis Verfassung ass och deelweis..., et ass en anere Punkt, deen huet den Här Roth vergiess opzezielen, wat net a seng Argumen-tatioun erapast: Wann een den 106 liest, och dee muss ee bis zum Schluss liesen, do steet nach esou eppes Droleges dran, dass eigent-lech per Gesetz dat muss geregelt ginn, dat Iw-werhuele vun de Gehälter an der Pensjoun, dass do e Gesetz nach muss kommen, fir dat ze maachen.

Wivill Jorzéngten ass ausbezuelt ginn, ouni dass e Gesetz bestanen huet? Dat ass also géint de Verfassungstext ausbezuelt ginn. Vu wiem? Opgrond vu wat fir enger juristescher Grund-lag ass dat gemaach ginn?

Déi Gesetzer sinn eréischt komm '98. Op jidde Fall bestinn déi Gesetzer net, Här Meyers, zën-ter dass mer deen Text dran hunn. An do ass also während laanger Zäit - während laanger Zäit! - och ausbezuelt ginn, ouni dass eigentlech kloer war, wéi dat prezis ze regele wär.

Nëmme fir ze soen, wann een elo hei den Däi-wel an den Detail siche geet, wa mer e bëssen an der Vergaangenheet kucken, da gesäit ee jo, dass dat heiten esou eng sensibel Matière war, dass déi successiv Regierunge sech eigentlech d'Fangeren net wollten dorunner verbrennen. Si hu versicht, eng Situatioun, déi bestanen huet, weiderlafen ze loossen, soulaang wéi et gaangen ass. A wann et dann net méi gaangen ass, ass da probéiert ginn, un dat eent oder dat anert Riedchen dréien ze goen.

An dat schéngt mer, mengen ech, also immens wichteg ze sinn, dass een, bei alle berechtegte Froen, déi ee sech däréf hei stellen, wat déi ju-ristisch Basis vun deem Ganzen ugeet, hei sollt net méi kritesch sinn, wéi ee virdru während laange Jore war mat deem Besteeënden. Et geet, wéi gesot, bei der Definitivum vun Mi-nistre des cultes un, bis hin zu anere juristesche Froen, déi sech stellen.

Mir hunn och e ganz spezielle System hei. Ech mengen, do si mer eis eens, dass mer dat wël-len eigentlech behiewen. Ech mengen, et ass jo en Accord do, dass mer an eng Form vun Uer-kenning vun de Reliounen oder Aschreiwung vun de Reliounen, Glawensgemeinschaften sol-len erakommen, wéi eng ganz Partie Länner dat och virgesinn hunn. Zemools fir kloerzestel-len: Wat sinn d'Bedéngungen, fir dass ee kann en Deel vu senge Finanzen also och iwwert de Stat iwwerholl kréien?

An do si mer an enger droleger Situatioun, dat kënnt jo immens rar vir, dass et eng Motioun ass vun der Chamber, déi dat mécht. Eng Mo-tioun, iwwregens, do louch den Här Roth falsch, eng Motioun, déi deemools erabruecht ginn ass, dat war ënner enger LSAP/CSV-Regie-rung, si ass ënnerschriww vu fënnef DP-Depu-téierten a si ass herno mat Handophiewes - ech war och paff, wéi ech dat nogelies hunn - ee-stëmmeg, seet de Sitzungspräsident, dee-mools, hunn ech nogelies, eestëmmeg vun der ganzer Chamber ugeholl ginn.

An déi seet eben, dass d'Relioune musse weltwäit unerkannt sinn, dass d'Glawensge-meinschaften musse mindestens an engem vun den EU-Länner offiziell unerkannt sinn. Se muss bereet sinn, sech der éffentlecher Uerdnung ze ënnerwerfen. A si muss zu Lëtzebuerg eta-bliert sinn an op eng genügend grouss repre-sentativ Unhängerschaft zielen. Dat sinn u sech déi Kritären, déi feststinn an un déi am Fong déi successiv Regierunge probéiert hunn, sech grosso modo ze halen.

Méi laangwiereg war déi Konventiondsdisku-sioun ronderëm d'muslimesch Gemeinschaft. Do hunn ech gelies am Expertebericht vun 2012, ech hat dat och net méi esou an Erëne-rung, dass 2007 schonn déi deemoleg Re-gierung de Go ginn hat fir déi Konvention. Ech ka mech erënnere, den Här Biltgen, mengen ech, ass deemools an eis Kommissioun getréppelt komm an en ass e bësse bredouille aus där Kommissiounssitzung erausgaangen, well d'Begeeschterung vun de Parlamentarier, fir dee Moment op deen dote Wee ze goen, déi war net iwwerschweglech.

An dat huet och erkläert, wéisou eigentlech net schonn éischter déi Konvention gemaach ginn ass. Do ware sengerzäit och an der Schura, mengen ech, Schwieregkeeten. Et war d'Fro vun der Representativitéit, déi sech ges-tallt huet. An elo si mer glücklecherweis esou wäit, dass mer eigentlech och mat där doter Glawensgemeinschaft, wat entre-temps déi zweetgréisst hei am Land ass, dass mer mat där och kënnen eng Konvention, ënnert deene Bedéngungen, déi ech virdru genannt hunn, ofschléissen. Domadder gétt dem Gläich-heetsprinzip vun eiser Verfassung och Genüge geden.

Ech gesinn hei, meng Zäit ass amgaange schrecklech ofzelafen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir sidd schonn ofgehaangen.

(*Hilarité*)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech si schonn ofge-laf. Ech si scho périméiert. Dann, mengen ech, sollt ech elo maachen, dass ech einfach zum Schluss kommen...

(*Hilarité*)

...vu mengen Iwwerleeungen. Ech mengen och, dass de Rapporteur inhaltlech alles gesot huet, wat en ze soen hat. Ech hunn e bëssen en Exkurs gemaach an d'Vergaangenheet.

Ech wëll zum Schluss nach folgend Sätz just soen, dass an eisen Aen, an den Ae vun der LSAP-Fraktioun dës Konvention, dës Gesetzer den Ausdrock si vun engem toleranten, engem oppenen, laizistesche Stat, engem Stat, deen net ausgrenzt, mä dee verbënnt, am Respekt vun der Autonomie vun de Kierchen, engem Stat, deen awer an der Glawensfro selbstver-ständlech zu Neutralitéit an Onofhängegkeet verflucht ass.

Mir wäerten also dës Konventionne stëmmen, well se d'Resultat si vun enger moderner polite-scher Visioun vun enger pluralistescher Gesell-schaft, d'Resultat awer och si vu fair geféierte Verhandlungen tëschent responsabele Partne-ren a Parteien, en Text, dee sécherlech net den Hardliner wäert gefalen, deene klerikalen an deenen antiklerikalen. Dat wësse mer. Mä ech mengen awer, dass et en Text ass, dee vun der Mëtt vun der Gesellschaft, an do sinn nach ëm-mer déi meeschte Leit, gedroe gétt. An duerfir wäerte mer deen heiten Text gäre stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Bodry. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Adam fir déi gréng.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Här Pre-sident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn un éischter Stell emol frou, dass mer Juristen hei an der Chamber hunn, engersäits Juriste wéi den Här Roth, deen op enger Rei Punkten Awänn hat - et huet mech schonn e bëssen er-staunt, dass d'CSV eigentlech op juristesche Aart a Weis hiren Neen zu dëse Gesetzer erkläert huet -, en huet gesot: „Ass déi Validitéit vun Konkordat vun 1801 nach do oder net?“ En huet gesot: „Den Artikel 106, dee seet, dass mer eigentlech d'Paie musse bezuelen.“ Elo soe mer: „Wa mer da fräiwëlleg wëllen drop ver-zichten an et fret awer ee se, wat geschitt dann?“ An en huet och gesot, dass d'Gesetz onprezis wier. - Dat fannen ech ganz korrekt, dass een déi Froen hei opwerft.

An ech sinn natierlech och frou, dass mer Juri-sten hu wéi den Här Bodry, deen da ka soen: „Majo, déi Froen do hate mer eigentlech och schonn, ier mer déi heite Konventionne ge-maach hunn. Déi hate mer schonn d'selwecht bei deene Konventionne virdrun.“

Soudatt ech géif mengen, dass hei dee juri-stesche Match schwéier ze entscheeden ass. Ech muss allerdéngs nach derbäisoen: Fir eis ass et esou, dass mir net wëlle méi grouss Verfas-sungsschützer si wéi de Statsrot, a soulaang wéi mer eis mat den Aweise vum Statsrot net an d'Hoer kommen, ass dat fir eis trotzdem an der Rei, fir esou virzegoen, wéi mer hei virginn.

Den honorabele Rapporteur Lex Delles huet am Joer 2011 ugefaange mat sengem Rapport, andeems en en Extrait aus enger Ried vum Poopst zitéiert huet. Ech wëll och an d'Joer 2011 zrëckgoen, allerdéngs net bei de Poopst, mä op de 7. Juni 2011. Do war näämlech op Initiativ vun déi gréng en Débat d'orientation hei an der Chamber, wou mer iwwert d'Rela-tiounen tëschent dem Stat an de Gemengen op där enger Säit an de Cultes religieux op där anerer Säit debattéiert hunn.

Mir haten deemools eis Ufro op fënnef Punkten ënnerdeelt. Am éischte Punkt hu mer vun enger Législation dépassée geschwat. Do ass et, ënner anerem a virun allem, ëm d'Kierche-fabricken gaangen, wou mer gesot hunn: „Et ass schonn erstaunlech, dass ee Buergermeeschter, fir an der Kierchefabrik kënnen ze sinn, muss de kathoulesche Glaf hunn.“ An den honorabele Paul-Henri Meyers huet eis och nach do opgekläert, dass déi Kierchefabrik eigentlech och komesch zesummegesat gétt aus den Ho-norables du village, wou och d'Fraen net der-zou gehéieren.

Deen zweete Punkt iwwersprangen ech, well ech op deen zrëckkommen. Deen drëtten Punkt, dee mer opgeworf haten, dat war d'Fro iwwert d'Bâtiments d'église. Do hu mer scho légifé-riert. Och wann net alles geschwat ass, mä do hu mer awer schonn, mengen ech, gutt ge-schafft.

Da war e véierte Punkt „l'acte officiel de la fête nationale“, a wann een do zrëck liese geet, wéi eng Froen datt sech och vun CSV-Säit gestallt gi sinn, wien dann do dierft schwätzen a wien eventuell net dierft schwätzen a wien invitéiert géif ginn a wou dann ee Lieu wier, deen digne

fir déi Feier wier, do muss een awer scho soen: Do hu mer exzellent geschafft an dat relativ schnell. An och den Här Bodry huet scho gesot: „Dat ass eigentlech net méi ewechzedenden, egal wéi d'politesch Konstellatioun ass, fir esou een offiziellen Akt zum Nationalfeierdag ze maachen.“

An e fënnfte Punkt, dee mer opgeworf haten, war den Enseignement aux valeurs. Do hate mer d'lescht Woch en éischte Schratt gemaach, andeems mer de gemeinsame Wäerteunter-recht am Secondaire votéiert hunn. An do soll jo dann d'Joer drop dat am Fundamental och kommen.

Den zweete Punkt, deen ech ausgelooos hat, iwwert dee mer och geschwat haten, dat war de Punkt iwwert de Finanzement vun de Culten, d'Fro vum Verdeeel vun de staatleche finanziellen Hëllef an déi verschidde Culten. A mir haten deemools gesot, déi géifen der so-zialer Realitéit vun haut net méi entsprechen, do misst méi Transparenz an d'Verdeelung era-kommen.

Zënter 1998 hu mer Konventionne mat bal alle reliéise Gemeinschaften, Konventionen, déi och an der Chamber votéiert gi sinn. An an deem Zusammenhang huet d'Chamber, dat ass och schonn haut ernimmt ginn, unanime 1998 eng Motioun gestëmmt, an do steet als éischte Punkt dran, dass d'Regierung opgefuer-dert gétt, fir Konventionne mat deene Gemein-schaften ofzeschléissen, déi bis elo nach keng hunn.

An da kommen an där Motioun d'Kritären, déi d'Chamber fixéiert, déi déi reliéis Gemein-schafte mussen erfüllen, fir dass esou eng Konvention mat hinne kann ofgeschloss ginn. An och déi Kritäre sinn allgemeng akzeptéiert ginn.

An et ass och schonn deemools verhandelt ginn, wéi ee kéint mat der muselmanescher Gemeinschaft och zu esou enger Konvention kommen.

An ech zitéieren dann nach eng Kéier de Paul-Henri Meyers vum 7. Juni 2011, wat déi Konventionen ugeet. Do huet en an engem Punkt mir kënnen recht ginn: „dass déi Konven-tiounen an enger gewëssener Zäit ofgeschloss si ginn, dass se den Tatsachen, de Bedierfnes-ser, den Opfaassung vum där Zäit entspre-chen, an dass ee muss kucken, ob déi Konven-tiounen haut nach deene Konditiounen, deene Bedierfnesser, deenen Opfaassungen entspre-chen. Ech mengen, et muss een och probéie-ren, (...) dass een (..) eng gewëssen Uniformi-téit géif an déi Konventionne kréien.“

Abee, ech hunn d'Gefill, wéi wann d'Regierung grad just dat gemaach hätt. Si huet déi Konventionen der Zäit ugepast a si huet och probéiert, esou wäit wéi dat méiglech ass, deene Konventionen en uniforme Charakter ze ginn.

Den 21. Januar 2015 hat ech hei an der Cham-ber am Kader vun der Debatt no der Deklara-tioun vun eise Premier iwwert den Accord tëschent dem Stat an de reliéise Gemeinschaf-ten, ënner anerem, Folgendes gesot - ech hu gesot: „Mir si frou iwwert dësen Accord, well mir zu deene Leit gehéieren, déi wëllen, dass Leit, déi reliéis sinn, net géint Leit, déi net reliéis sinn, ausgespillt solle ginn an och ëmge-dréit.“ (veuillez lire: „Mir si frou iwwert déi Konvention, well mer net zu deene Leit gehéieren, déi wëlle Leit, déi reliéis sinn, géint Leit, déi net reliéis sinn, ausspillen oder ëmge-dréit.“)

Ech hat och en Zitat, wat zrëckzeféieren ass op den Abbé Pierre, ugefouert, wou ech gesot hunn: „Et geet am 21. Jorhonnert an der west-lecher Welt net méi ëm den Ennerscheed tëschent deenen, déi gleewen, an deenen, déi net gleewen, et geet villméi ëm den Enner-scheed tëschent deenen, déi interesséiert sinn, an deenen, déi onberéiert bleiwen.“

An ëmsou méi friem war mer d'Ausso, ech hat dat och schonn d'lescht Woch gesot, vum Här Zeimet, dee gesot huet: „Déi Leit, déi gleewen, an déi, déi net gleewen, ginn net eens ma-eneen.“ Néierens stellen ech dat an der Gesell-schaft fest. Wa Spannunge sinn tëschent Re-liounen oder Netreligionen, dann ass dat oft en Ausdrock vun - dat hat den Här Zeimet och ge-sot, do ginn ech em recht - Mëssbrauch vu Re-liounen, Mëssbrauch vu Glawen.

(*Interruption par M. Laurent Zeimet*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Maacht de Mikro wann ech gelift un, Här Zei-met!

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- Däerf ech?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, Dir däerft.

► **M. Laurent Zeimet (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt just dem Här Adam soen: Ech hunn net gesot, si géifen net eens ginn, mä se géife sech ëmmer manner verstoen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Gutt. Merci. Ech huelen dann dat doten zur Kenntnis. Ech sinn awer och der Meinung, dass se sech och verstinn. A wa se sech net verstinn, dann huet dat eppes mat extremen Usiichten ze dinn oder mat Mëssbrauch vum Glawen. An dat, mengen ech, steet dann nach op engem anere Blat.

Mir sinn der Meinung, dass et gutt ass, dass d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Re-lioune geregelt ginn. Mir mengen, dass de Phé-nomène religieux ee gesellschaftleche Fait ass.

Déi Konventionne sinn d'Resultat vun engem Accord tëschent der Regierung an de Reliouns-gemeinschaften. An ech hat och deemools vun engem historiesche Moment geschwat, engem historiesche Moment, dass mer éischters an där awer relativ kuerzer Zäit zu deene Konven-tiounen komm sinn, an och engem historiesche Moment, well d'CSV deene Konventionen net wollt zoustëmmen, déi d'Regierung mat de Culten ausgeschafft hat.

Dat ass natierlech der CSV hiert gutt Recht. Dat ass eigentlech en neie Moment, deen ech of-weinst der Saach bedauern, deen ech op engem anerer Säit awer och begrëissen.

Den aktuelle Generalsekretär vun der CSV..., elo sinn ech erëm bei lech, Här Zeimet, Dir hat och d'lescht Woch hei am Raum gesot, et géife Punkte ginn, wou Dir net mat Ärem Bëschof averstane wiert.

An der Vergaangenheet huet et oft esou ausge-sinn, wéi wann déi Partei mam C am Numm déi eenzeg wier, déi mat der Kierch eppes um Hutt hätt. Wann een am Ausland oft liberal oder sozialdemokratesch oder gréng Politiker an engem Amt an enger Reliounsgemeinschaft hat, da war dat zu Lëtzebuerg eigentlech ni esou. An et géif mech och heiansdo wierklech interesséieren, wéi e politesche Geescht an de Kierchefabricken, déi sech jo bekanntlech aus den Notables du village zesummesetzen, ver-trueden ass.

Vläicht ännert sech jo eppes. Interessanterweis hat jo och de fréiere Generalvikar Mathias Schiltz leschte Freideg bei engem éffentlechen Hearing an der Chamber am Kader vun der Verfassungsreform e sozialistesche franséische Politiker - de Bernard Cazeneuve - aus engem Interview zitéiert. Zwee Punkte waren dem Här Schiltz wichteg: «Le respect s'exprime par la laïcité, qui garantit la liberté de croire, ou de ne pas croire, et dès lors qu'on a fait le choix libre de sa religion, garantit aussi qu'on puisse la pratiquer librement.» Dat ass genau dat, wat ech soen, wann ech soen, dass fir eis den Arti-kel 19 genausou wichteg ass wéi den Artikel 20 vun eiser Verfassung: D'Leit sollen därfe gleewen, wa se wëllen, awer och net musse gleewen, wa se net wëllen, an dat selbstver-ständlech am géigesäitege Respekt.

Den zweete Punkt ass dee vun der Réflexion spirituelle. De Cazeneuve sot: «Je vois mal (...) comment un être humain peut avoir une vie riche et dense s'il ne s'ouvre pas, à un moment, à la réflexion spirituelle.» Dat ass, mengen ech, eng perséinlech Usicht vun engem Politiker, eng privat Usicht. Dat ass awer och eng inter-essant Vue.

Mech erënnert dat un en Erlefnis a menger Yoga-Formatioun. Do si mer an engem Raum, do si Käerzen, do sinn Zeechen, do si Figuren, do ass och eng Zort Altar an do hanken engersäits e Shiva, e Buddha an e Jesus. An no engem Cours, da seet de Yoga-Formateur: „Elo setze mer eis op de Buedem an da verbeuge mer eis virun där Gottheit, virun där mer wël-len.“ An interessanterweis seet en hannendrop: „An déi, déi sech net virun enger Gottheit wëlle verbeugen, déi setze sech einfach op de Buedem a si genéissen d'Rou am Sall.“ Dat ass mäi Verständnis vun Toleranz an och vun enger gewëssener Spiritualitéit, wou ech och der Meinung sinn, dass ouni déi d'Gesellschaft awer e Stéck méi aarm ass.

déi gréng si frou iwwert déi sechs Konvention-nen, déi mer haut zur Ofstëmmung hei virleien hunn. An effektiv ass et d'kathoulesch Kierch déi am meeschte Waasser an hire Wäin muss schëdden, eng kathoulesch Kierch, déi net stoe bliwwen ass, déi sech weiderentwéckelt huet, dat gesäit een u ganz ville Punkten.

Ee Punkt dierft schonn d'Zeitung vum Äerzbis-tum sinn, wann ee bedenkt, dass ee viru Joren oder viru Jorzéngte keng Annonce an déi Zei-tung krut, wann een net mam Här begreuwe ginn ass oder net mam Här bestuet ginn ass. Bon, ech muss lech soen: Dir kënnt kucken, haut op der leschter Säit vun därselewechter Zeitung, do steet, dass iergendeng Madamm, ee moderne Mediestar, hir Brëscht als ze grouss empfënt an déi méi kleng maache loosse wëllt, mä hire Mann schéngt dat net ze wëllen.



Dat ass en Zeechen derfir, datt och d'Zeitung vum Bistum net stoe bliwwen ass,...

**(Hilarité et brouhaha)**

...datt sech viles entwéckelt huet.

Wann een dat viru 40 Joer gesot hätt, datt mer eng Kéier esou wäit kéimen, dat hätt kee Mënsch engem gegleeft.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Do war dat mat méi grouss oder méi kleng maachen och nach net esou aktuell.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Haut, wéi gesot, steet an d'ärselwechter Zeitung fir Wahrheit und Recht, den Ënnertitel ass nach ëmmer d'selwecht, datt et virun allem fir d'kathoulesch Kierch finanziell Abousse gëtt. Jo, vu ronn 24 Milliounen komme mer do an deenen nächste Jore schrëttweis op 6.750.000 Euro. Dat ass eng Upassung un d'Zäit. A well mer de Pacta sunt servanda zréckbehalen hunn, geet dat natierlech och net vun engem Moment op deen aneren, mä mer gi schrëttweis dohinner. A mir fannen dat och richtig esou.

Et gëtt eng ganz Rei gutt Grënn, datt mer d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften regelen. Eng Ursach ass zum Beispill d'Transparenz, eng weider ass den noutwendegen Dialog. Och wann de Stat sech net an déi intern Reliounsugeleeënheeten amëscht - an do gi mer jo och e Schratt méi wäit, och d'Reliounsgemeinschaften kréie méi Fräiheet -, dann ass et awer net onwichtig, datt de Stat weess, wat op sengem Territoire leeft. An duerfir ass och déi Präambel zu der Konventioun ee wichtegen Deel vum Ganzen.

Gutt a wichtig ass, datt dosteet, datt déi reliéis Communautéiten eis constitutionnel Rechter a Fräiheeten, d'Mënscherechter, d'demokratesch Wäerter an d'Gläichstellung vu Mann a Fra mussen garantéieren, wa se wëllen eng Konventioun mam Stat maachen. A wie sech net drun hält, kritt keng Suen.

Eng Reliounsgemeinschaft huet d'Recht ze soen, datt se net frou ass iwwer verschidden Aussoen, iwwer Texter, iwwer Biller, iwwer Karikaturen. Dat fällt ënner Meenungsfräiheet. Mä eng Reliounsgemeinschaft dierf awer net d'Pressefräiheet a Fro stellen, och net d'Gläichheet tëschent Mann a Fra a Fro stellen.

Mir wëllen net erëm mussen zréck déi Kämpf nach eng Kéier féieren, déi mer an deene leschten 20, 30 Joer erfollegräich gefouert hunn, wou mer ewechkomm si vun enger iwwerhollemer a falscher Sexualmoral, wou mer ewechkomm si vun engem Bild vun Ongläichheet tëschent Mann a Fra an esou weider an esou virun. An duerfir fanne mer déi Präambel och ganz wichteg.

An deem Sënn bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu deene sechs Projet-de-loien, déi mer haut virleien hunn, an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An als nächste Riedner huet d'Wuert den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Lex Delles, fir säin objektive Rapport, deenen en zu dësem Gesetz oder Gesetzer gemaach huet.

Dës Gesetzer sinn d'Konsequenze vu Konventiounen, déi d'Regierung mat sechs Reliounsgemeinschaften de 26. Januar 2015 ënnerschriwwen huet. Duerch dës Gesetzer ginn Deeler vun dese Konventiounen ëmgesat. Mir haten och an der Vergaangenheet scho Konventiounen, et ass virdru geschwat ginn, vun '98. Déi Konventiounen sinn och Jean-Asselborn-Konventiounen deemools genannt ginn, well vill Leit iwwerrascht waren, datt den Hauptmann hei an der Chamber vun der LSAP am Fong führend war bei deene Konventiounen. An d'ADR huet an all deene Joren, ech kommen duerno nach drop zréck, ni de Konventiounen zougestëmmt.

Déi Konventiounen, déi mer bis elo haten, ware mat der kathoulescher Kierch, der israelitescher, der anglikanescher, orthodoxer an der protestantescher. Nei ass elo dës Kéier, datt och mat der musulmanescher Communautéit eng Konventioun geschloss ginn ass.

Den Här Rapporteur huet virdrun hei gesot, datt et am Fong e Prinzip wier, datt mat deene Reliounen, déi europawäit unerkannt wieren, de Lëtzeburger Stat géif och Konventiounen maachen.

Ech wëll just drun erënneren, datt d'Scientologen unerkannt sinn an England, a Portugal, a

Spuenien, a Slowenien, Kroatien an an Ungarn. An anere Wieder: Wann déi also géifen eng Demande maachen, géif laut der Logik vum Rapporteur och hei zu Lëtzebuerg eng Konventioun mat deene gemaach ginn.

Wéi sinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Gibéryen, erlaabt Dir, dass de Rapporteur eng Bemierkung oder Prezisioun doriwwer mécht?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo. Ganz gär.

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.**- Jo, ech wollt just preziséieren, dass ech dat net esou gesot hunn. Ech hat gesot, dass eng Motioun vum 18. Juni 1998, déi hei an der Chamber unanime gestëmmt ginn ass, genau déi Saachen do festhält. Dat ass eng Motioun, déi hei an der Chamber unanime gestëmmt ginn ass.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dann huele mer dat zur Kenntnis, datt also opgrond vun där Motioun, déi deemools dann hei an der Chamber gestëmmt ginn ass...

► **Une voix.**- Unanime!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Unanime, dat mussen mer dann nokucken, wéi dat genau war.

**(Hilarité)**

Sou kann een emol a Bedrängnis kommen, mä ech huelen dat awer...

**(Hilarité)**

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Richtig ass richtig. Also ech mengen, wat de Kolleeg Delles elo hei gesot huet, kann een net falschmaachen. A wann et richtig ass, da muss een et och akzeptéieren.

Wéi sinn déi Konventiounen hei zustane komm? Ech mengen, et ass opgrond vun der Regierungserklärung, wou déi nei Regierung festgehalten huet, a Richtung vun Trennung vu Kierch a Stat ze goen.

Mä et muss een awer déi ganz Diskussiounen hei iwwert d'Konventiounen, mat dem Verhandel vum deene Konventiounen, an de Kontext setze vum Referendum vum 7. Juni d'lescht Joer, wou véier Froen am Fong am Ufank do-stoungen. A speziell am Zesammenhang mat där véierter Fro muss een déi Konventiounen gësin, wou am Fong proposéiert gi war vun der Regierung, datt niewent deenen dräi Froen, déi zur Ofstëmmung komm sinn, eng véiert war, wou am Fong gefrot ginn ass: „Ënnerstëtzt Dir d'Iddi, dass de Stat net méi d'Obligatioun huet, d'Gehälter an d'Pensiounen vun unerkannte Culti ze iwwerhuelen?“

Mat dëser véierter Fro ass am Fong op d'Reliounsgemeinschaften, a virun allem op d'kathoulesch Kierch - ech géif net soen, wéi de Kolleeg Roth gesot huet, datt en Drock ausgeübt gouf -, mä si si regelrecht erpresst ginn! D'Chamber wousst, datt se... Gambia, entschëllegt, Gambia wousst, datt d'Reliounen, oder d'kathoulesch Kierch net frou wär mat dëser Fro a virun allem och net déi Fro beim Referendum wollt gestallt kréien.

Et kann een also soen, datt dat vläicht e clevere Schachzuch war vun der Gambia, fir déi Fro an de Referendum mat eranzebréngen, wëssend, datt et sech da wahrscheinlech vill méi llicht verhandele léisst mat der kathoulescher Kierch, wéi wann déi Fro net am Raum géif stoen.

Haut géif ech soen: Wann déi Fro gestallt gi wär, déi vill Leit gäre gestallt kritt hätten hei am Land, a wann ee weess, datt déi aner dräi Froen zu 80% quasi mat Nee beäntwert gi sinn, sinn ech iwwerzeegt, datt déi heite Fro, zwar dann net mat Neen, mä mat Jo beäntwert gi wier, vläicht keng 80%, mä eng Majoritéit. Mä duerno ass een ëmmer méi gescheit. Am Virus wousst dat op jidde Fall keen.

Fir datt also déi véiert Fro gestrach ginn ass, hunn d'Reliounsgemeinschaften missen dës Konventioun ënnerschreiwen. Awer net nëmmen d'Gemeinschaften vun de Reliounen hu missen ënnerschreiwen, mä och eis Kolleeg vum der CSV hu missen en Akt matmaachen, an zwar hu se missen, éier d'Konventiounen ënnerschriwwen gi sinn, well d'Konventiounen sinn de 26. Januar ënnerschriwwen ginn, fënnf Deeg virdrun hei an der Chamber enger Resolutioun zougestëmmt.

Eng Resolutioun, déi bannent 48 Stonnen tëschent der Regierung an der CSV ausgehandelt ginn ass, well mer jo ënner engem Zäitdrock stoungen! Engem Zäitdrock, wat d'Prozedur fir de Referendum ubelaangt: Et huet missen e Gesetz gestëmmt ginn. A fir datt d'Délaie konnte respektéiert ginn, stoung mer ënner Zäitdrock. An duerfir huet missen déi Resolutioun kuerzfristig ausgehandelt ginn tëschent der Regierung an der CSV a se ass den 21. Januar hei an der Chamber gestëmmt ginn. A fënnf Deeg duerno, de 26. Januar, sinn eréischt d'Konventiounen mat de Kierchen ënnerschriwwen ginn.

Mä déi Resolutioun, déi d'ADR net matgestëmmt huet, an d'Kolleege vun deene Lénken hu se och net matgestëmmt, déi Resolutioun huet et awer a sech. An do wollt ech am Fong och soen, datt eng gewësse Kontradiktioun zu deem besteet, wat de Kolleeg Gilles Roth de Mëtteg hei gesot huet, wou en am Fong gesot huet: Den Artikel 106 vun eiser aktueller Constitutioun, dat wier am Fong eng Konsequenz vum Konkordat, wou am Fong d'Kierchen och zum Deel enteengt gi sinn an op där anerer Säit de Stat dës Engagement geholl gehat hätt, fir dann eben d'Gehälter an d'Pensiounen vun de Paschtéier ze iwwerhuelen.

Mä de Kolleeg Gilles Roth huet hei ganz vill vum Artikel 106 geschwat. An et muss een awer soen, datt an der Resolutioun d'CSV domat averstane war, datt den Artikel 106 an der Verfassung ersatzlos gestrach gëtt: «de ne pas reprendre l'article 106 actuel de la Constitution dans le corps du texte de la proposition de révision de la Constitution». Also ersatzlos!

Well an deem neien Text, dee soll amplaz kommen, do ass vun der Neutralitéit vum Stat geschwat ginn, et ass vun der Separatioun vum Stat a vun de reliése Communautéiten geschwat ginn an et ass gesot ginn, datt d'Relatioun tëschent dem Stat an de Kierche géif iwwer Konventiounen ausgehandelt ginn. Mä et ass net méi an deem neien Text geschwat ginn, datt de Stat och géif d'Gehälter an d'Pensiounen vun de Paschtéier iwwerhuelen.

Also sinn net nëmmen d'Kierchen hei erpresst ginn, mä och d'CSV ass hei mat erpresst ginn an huet missen an der Chamber déi Resolutioun hei stëmmen, éier d'Regierung bereet war, fënnf Deeg méi spéit, mat de Gemeinschaften déi Konventiounen ze ënnerschreiwen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Gibéryen, erlaabt Dir, dass den Här Roth eng Prezisioun gëtt?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech hunn haut déi beschten Zäit, well meng Auer leeft net.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Also, Här Gibéryen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mä meng awer!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...mir si jo net ëmmer divergenter Meenung, mä ech wëll dat awer just, mengen ech, hei kloerstellen. De Problem fir d'CSV ass folgenden: Mir hunn haut den Artikel 106, esou wéi en elo nach an der Verfassung steet, an der CSV hir Positioun, an déi hu mer sengerzäit och ausgedréckt, dass mir gesot hunn: „Mä den 106, dee muss geännert ginn, fir dass dës Projets de loi kënnen gestëmmt ginn.“ An ech mengen, d'Regierungs-parteien waren och zimlech d'ärselwechter Meenung, well soss hätte se jo net de Leit praktesch deeselwechte Libellé vun dem 106 an de Referendum dragesat. Esou, dass si och déi Onsécherheeten... Also, do ass eise Rasonnement schonns, mengen ech, kohärent.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech géif zwar mengen, datt Der hei elo éineschter déi ganzen Zäit plädéiert hutt an lech haaptsächlech op den Artikel 106 behaupt hutt, fir Är Argumentatioun ze ënnermauern. An Dir sidd awer domat averstan, datt den Artikel 106 ersatzlos gestrach gëtt. Ersatzlos gestrach gëtt! Well am neien Artikel, deen an där Resolutioun steet, steet näischt méi dra vu Bezuele vu Gehälter a Pensiounen, wou Der Ären Accord ginn hutt. Duerfir musst Dir, mengen ech, och Är Argumentatioun relativéieren.

Här President, dat, wat am Fong wesentlech ass, datt dës Konventiounen ënner Erpressung zustane komm sinn. An eng Regierung, déi hire Verhandlungspartner muss erpressen, fir zu engem Resultat ze kommen, där Regierung hir Argumenter mussen schwach sinn!

An et muss ee sech och duerfir de Wäert vun esou enger Konventioun virstellen, déi ënner Erpressung zustane komm ass. Am Droit civil wier et kloer, wann noweisbar en Akt gemaach gëtt, wou erpresst gëtt an et géif geklot ginn, an et wier noweisbar, datt een erpresst gi wier, wier esou en Akt ongültig. D'Politik tickt awer nun emol eben aneschtens. An do schéngt et dann normal ze sinn, datt kann erpresst ginn. Eng weider Fro, déi sech stellt, dat ass, mat wem d'Regierung hei verhandelt huet. Si huet wuel mat den Haaptleit vun deenen eenzelne Reliounsgemeinschaften verhandelt, mä op déi awer d'Recht haten an e Mandat haten, fir kënnen ze verhandelen, dat ass net gekläert ginn.

Et ass bei der kathoulescher Kierch net gekläert ginn, ob de Bëschof e Recht hat, am Numm vun de Kierchefabricken ze verhandelen. Et ass haut nach net gekläert. Et ass och net bei der protestantescher oder orthodoxer Kierch gekuckt ginn, ob déi der Pluralitéit vun hiren eenzelne Reliounen Rechnung gedroen hunn. Och dat ass alles net gekläert ginn.

Här President, d'ADR huet an der Vergaangenheet kenge Konventiounen zougestëmmt. An, wéi gesot, mir wäerten och duerfir haut dës Konventioun net zougestëmmt.

D'ADR ass fir eng Trennung vu Kierch a Stat. An ech war am Fong iwwerrascht, datt de Rapporteur - hie verbessert mech elo vläicht erëm - virdrun och gesot huet, dat hei wier keng Trennung vu Kierch a Stat.

Am Respekt awer, seet d'ADR, misst déi Trennung geholl ginn. Am Respekt vun der Aarbecht vun de Reliounsgemeinschaften, déi déi an der Vergaangenheet hei an eiser Gesellschaft geleescht hunn, an och am Respekt vun deem, wat se an der Zukunft an eiser Gesellschaft nach mussen leeschten.

D'ADR huet duerfir proposéiert, datt een d'Finanzéierung sollt maachen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Gibéryen, Dir misst zur Konklusioun kommen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wéi wäit sinn ech...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hunn lech schonn zwou Minutten drop ginn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, gutt, Här President. Da kommen ech zur Konklusioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir misst awer elo...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass kee Problem, Här President. D'ADR ass...

**(Interruption)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Proportional.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'ADR ass der Meenung, datt een hätt sollen d'Finanzéierung iwwert den „otto per mille“ maachen. Dat heescht, ech hunn dat schonn e puermol gesot, duerfir kann ech mech méi kuerzfaassen, wou jiddwer Eenzelen bei senger Steiererklärung deklaréiert, wat fir enger Relioun e seng Promille wëllt zoukomme loosse oder wat fir enger Kierch. Oder och kenger Kierch, da ginn déi Suen un e sozialen Zweck. Dat wier keng Steiererhéijung. An dann hätt jiddwieren d'Méiglechkeet, eng Kierch ze finanzéieren oder och net an och wat fir eng Kierch. Mä mat dësem System behale mer déi Diskussioun erëm weider iwwert d'Finanzéierung.

A wann een d'„Tageblatt“ vun haut liest, déi hunn eng grouss Opmaachung gemaach, wou se och soen: Och an Zukunft gëtt d'Finanzéierung vun de Paschtéier an de Kierche weiderhin deier.

Mir behalen also déi Diskussioun, well mer net de Courage haten, eng regelrecht Finanzéierung ze maachen, wat och da gerecht gewiescht wier. An dat wier och en Encouragement gewiescht fir d'Kierchen, géif ech soen, fir dann eng gutt Aarbecht ze maachen. Dann hätte se och vill Leit, déi hinne géife Suen zoukomme loosse. Mä, wéi gesot, mir wäerten dës Konventiounen, an deem Sënn, net stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- 0,5 Promill.

**(Hilarité)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An d'Wuert huet elo de leschte Riedner, wann ech dat richtig gesinn, zu dësem Projet, den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Rendez à César ce qui appartient à César, et à Dieu ce qui appartient à Dieu.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Esou ass, der Iwwerliwwerung no, Jesus zitéiert ginn, wéi e vun de Pharisaer gefrot ginn ass, ob een dann dem César misst, ob si da misste Steiere bezuelen dem César. An dovunner ausgangen ass och schonn am fräie Chrëschtentum eng Konzeptioun, datt et eng Trennung gëtt tëschent enger weltlecher Sphär op där enger Säit, an enger spiritueller, reliéier Sphär op där anerer Säit.

An eigentlech ass dat och den Hannergrond vun den Diskussiounen, déi mer hei féieren, ëm d'Entflechtung, wéi den Här Bodry richtig gesot huet, d'Trennung. Well ech mengen, et ass eng Trennung vun dem Stat an de reliése Communautéiten. A wa mir vu reliése Communautéiten schwätzen, da menge mer natierlech am éischte Sënn déi gréissten an déi och am meeschten histoireschen Afloss an d'Verwuerzelung vun deem Stat hat.

Dës Regierung ass drugaangen an huet fënnf Beraicher, déi virdrun och vu menge Virriedner ervirgehuewe gi sinn, sech erausgesicht, fir déi Trennung weiderzedreien, bis hin zu deem, wat mer elo hei virleien hunn, der Fro vun der staatlecher Subventionéierung vu reliése Communautéiten.



Iwwer all déi verschidde Beräicher kéint ee vill soen an zum Deel ass dat jo och schonn an de parlamentareschen Debatte geschitt. Fir eis als Lénk gëtt et bei all deene Froe sécherlech eng Diskussioun iwwert den Tempo, d'Envergure oder eventuell net d'Envergure vun all deenen eenzelnen Dispositiounen. A mir streiden an diskutéieren och ganz gäre mat der Regierung doriwwer. Mä mer mengen, datt mer awer an engem Punkt mat der Regierung op enger Linn sinn, datt et nëmlech richtig ass, datt et eng Trennung tëschent dem Stat an de Cultë muss ginn, an datt déi och fir Lëtzebuerg schonn eigentlech laang iwwerfälleg ass.

D'Relioun, oder d'Reliounen als Glawensinhalt an d'Kierchen als hir institutionell Verriedung hunn näischt an der Struktur, an der Organisatioun vum Stat verluer. An ëmgekéiert huet de Stat näischt an der Struktur, an der Organisatioun vun de Reliounen verluer.

Dëst ass och, et ass virduir schonn e puermol gesot ginn, eigentlech festgehal ginn, datt an der neier Verfassungspropositioun, de Projet 6030, och de Begrëff vun der Separatioun selwer dran ass. Deen neien Artikel 114 seet: «En matière religieuse et idéologique, l'État respecte en vertu du principe de séparation, les principes de neutralité et d'impartialité.»

Wa mir als Lénk also vun engem État laïque schwätzen, da menge mer grondsätzlech och dat domadder. D'Relioun ass a bleift awer en integralen Deel vun der Gesellschaft. De Fait religieux kann och net vum Stat ignoréiert ginn an och déi ëffentlech Ausübung vun der Relioun kann net a Fro gestallt ginn.

Mä déi iwwer Jorhonnerten anachronisteschen zum Deel geféierlech Verwurzelung mam Stat muss opgi ginn. Dat heescht awer net, datt de laizistesche Stat keng Relatioun mat de Verriedunge vun de Reliounen sollt hunn. Duerfir ass et och kee Widdersproch u sech, datt de Stat Konventiounen mat Reliounsgemeinschaften kann hunn. Awer, esou menge mir, natierlech toute proportion gardée - ech kommen nach drop zrëck - an, an dat ass och e wichtege Kriter, am Kader vun deene Regeln, déi fir déi ganz Gesellschaft gëllen.

Et ass duerfir och falsch ze behaupten, de konfessionell neutrale Stat wëilt d'Kierchen oder d'Reliounen aus der Gesellschaft oder aus der Ëffentlechkeet erausdrécken. Déi Leit, déi esou eppes soen, ech mengen, déi vermischen, bewosst oder onbewosst, zwou verschidde Bedeitunge vun deem Begrëff „ëffentlech“. Engersäits „ëffentlech“ am Sënn vun „staatlech“, esou wéi d'ëffentlech Hand oder déi ëffentlech Schoul, an anersäits „ëffentlech“ am Sënn vun „jiddwerengem zougänglech“, esou wéi en ëffentlechen Débat, en ëffentleche Raum. An ech mengen, datt et kee gëtt, deen d'Reliounen an hir Institutionen aus der ëffentlecher Debat oder aus dem ëffentleche Raum eraus wëilt hunn.

A mer gesinn och, datt den Afloss vun der kathoulescher Kierch an der Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg awer nach ëmmer e groussen ass. De Bistum ass awer och nach ëmmer Besëtzer vun der gréisster Dageszeitung hei am Land. Eng politesch Partei dréit an hirem Numm eng explizit Referenz op eng Reliounszougehéierkeet an och eng Gewerkschaft mécht dat. An et gëtt bedeitend Organisatiounen am soziale Beräich, déi hir philosophesch Orientierung aus der kathoulescher Sozialléier hunn. An dat ass och legitim an et gëtt och vu kengem a Fro gestallt.

Här President, d'Regierung ass d'Trennung vu Kierch a Stat ugaangen a Form vun engem Prozess, vun enger Transformatioun vun de Relatiounen. Dat souwuel op der Zäitschinn: Et ass also e Prozess, dee grad bei deem heite Projet iwwer Joren dauert. An et ass awer och e Prozess am Sënn vun der Auseenansetzung, vu Verhandlung a vu kontroversen Diskussiounen mat de reliése Communautéiten. Mir mengen, datt dat prinzipiell de richtige Wee ass, och wann eventuell den Detail vun där enger oder anerer Dispositioun eis net ganz schmaacht.

Mir begrëssen och ausdrécklech, datt mat deenen Texter d'islamesch Communautéit offiziell, oder formal, unerkannt gëtt a gläichgestallt gëtt mat de Reliounsgemeinschaften, deenen aneren zu Lëtzebuerg. A mer mengen och, datt d'Dominanz vun der kathoulescher Kierch an hirem Subventionnement iwwert déi aner Communautéiten an enger iwwer Jore goender Entwécklung sech un d'Realitéiten vun der Gesellschaft upasst an och upasse muss.

Här President, dëst gesot, gëtt et awer natierlech och eng Rei Kriticken, déi een un deenen Texter ausmaache kann. Mir hunn, éischstens, virduir ganz laang iwwert den Artikel 106 vun der Verfassung geschwat. Et ass zu ënnerschiddlechen Interpretatiounen komm, oder et ass eng Auseenansetzung iwwert d'Bedeitung vun deem Artikel 106 ginn - deen och nach bestoe bleift, esou wéi et am Moment virgesinn ass op jidde Fall -, dee bestoe bleift, wann dëst

Gesetz a Kraaft ass. Well déi nei Verfassung, do wësse mer net, wéini déi da soll Realitéit ginn.

Duerfir kritiséiere mer, datt net gläichzäitig - an dozou schéngt et jo awer och eng qualifizéiert Majoritéit ze ginn - een de Wee ageschloen huet, fir den Artikel 106, esou wéi et an der Resolutioun virgeschloen ginn ass, ersatzlos ze sträichen an duerfir deen anere Punkt an d'Verfassung eranzehuelen. Dat heescht, datt een eng punktuell Verfassungsreform virgezunn hätt, esou wéi dat jo och kee Problem war, wann et ëm aner wesentlech Beräicher vun der Verfassung gaangen ass, wéi den Artikel 32.(3) oder - nach méi wichtig - den État d'urgence, den Artikel 32.(4).

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Dir braucht eng qualifizéiert Majoritéit.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Ech mengen awer, datt et op jidde Fall e wichtegt Zeeche gewiescht wier, besonnesch well domadder de Prinzip vun der Separatioun, déi jo explizit an deem neien Artikel 114 als Prinzip eng Valeur gehat hätt an déi d'Trennung vun deenen zwou Sphäre kloer festgehalen hätt, datt dat e wichtegt Symbol gewiescht wier, datt een elo schonn hätt missen ugoen.

Mir mengen awer och, datt eng Gefor doraner besteet, datt een net ännert, an eenzel... - den Här Roth huet virduir schonn Undeitunge an déi Richtung gemaach, datt eventuell juristeschen Onkloerheete géife bestoen. Ech mengen, déi eigentlech Gefor besteet net an de juristeschen Onkloerheeten, mä éischter doranner, datt, wann een dee Verfassungsartikel net matännert, et eventuell méiglech ass, dee Prozess vun der Separatioun reversibel ze maachen doduerch, datt den Artikel géif weider bestoen an et einfach Majoritéiten, zukünfteg Majoritéite kënnen sinn, déi dee fortschrittliche Prozess kéinte réckgängeg maachen.

Här President, mir mengen awer och als Kritik, datt déi reliéis Communautéite weiderhin eng disproportionéiert an an eisen Ae prädominant Roll par rapport zu anere weltanschaulichen Orientierung behalen, an och, datt an deenen heiten Texter hinnen eng ganz Rëtsch Exceptiounen zougestane ginn, déi eis net onbedéngt an der Envergure esou ganz aliichten, zum Beispill wat d'Aarbechtsrecht ugeet, wou et net méi d'Ministre-des-cultë sinn, déi vun der Aarbechtszäitregulung fir Sonndes- a Feiertagsaarbecht ausgeschloss sinn, mä all Salarié vun deene Culten, also och Sekretären a Botzfrauen. Mir mengen, datt dat eng Exceptioun ass, déi net hätt misse sinn.

Mir mengen och, d'Taxe d'enregistrement, datt een dat awer zumindest hätt kënnen a Fro stellen. A mer mengen och, datt eis d'Montante vun der Subventioun fir déi eenzel Communautéiten eigentlech awer zimlech arbiträr erschéngen an och an hirer Héicht awer kënnen a Fro gestallt ginn.

Här President, ech mierken, och meng Zäit leeft mer fort. Mir mengen, datt deenen Deel, des Gesetz, Gesetzesprojeten, déi mer hei virleien hu vun der Entflechtung vu Kierch a Stat, an déi richtig Richtung ginn. A mer hätten eis och nach roueg e bësse méi Courage gewënscht.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Premier-, Stats- a Kultusminister, den Här Xavier Bettel.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes.** - Merci, Här President. Erlaabt mer, dass ech den Orateuren, speziell dem Rapporteur, och Merci soen.

Ech wäert elo net an den Detail goen, et si ganz vill Saache jo och gesot ginn. E puer Froen, déi gestallt gi sinn. Déi éischt ass, firwat net alles beienee komm ass.

Et ass vläicht een Ensembl vun Texter, wou mer d'Modernisatioun vun eiser Gesellschaft an d'Relatioun och mat de Cultë wëllen 2016 endlech schreiwen. Deen een Deel ass beim Här Meisch, deen aneren Deel ass beim Här Kersch an een Deel ass bei mir. An ech mengen, dass et wichtig ass, dass déi Texter, déi och a verschiddene Kommissiounen traitéiert ginn, dann awer de Wee bis an de Plenum fannen an och gestëmmt kënnen ginn.

Déi Konventiounen si vum 26. Januar 2015. An ech wëll just hei zur Informatioun, Här President, awer soen, dass kee gezwonge war, se ze ënnerschreiwen!

Mir sinn an engem fräien, demokrateschen Stat, wou mer sechs Méint mat deene verschiddene Communautéiten zesummen diskutéiert hunn an do zu engem Accord komm sinn, wou déi Verrieder vun deene verschiddene Cultë fräi waren, des Konventiounen ze ënnerschreiwen oder net. An hei wor keng Obligatioun, dass

iergendeen hätt missen iergendeppes ënnerschreiwen. Dat heiten ass, wéi gesot, net an der Hetz, mä no laangen Diskussiounen, wou mer wierklech och op déi verschidde Punkten agaange sinn, ënnerschriwwen ginn.

Den honorablen Här Bodry huet et scho gesot, Här President: Deem enge geet et ze wäit, deem anere geet et net wäit genuch. Mir sinn hei der Meenung, dass mer keng Revolutioun, mä eng Evolutioun gebraucht hunn. Mir hunn eng Evolutioun gebraucht, an ech hunn et och scho virun e puer Minutte gesot: Mir sinn 2016 ukomm!

Mir hunn e Fait religieux, deen et gëtt. Dës Regierung ass net mat dem Motto komm, fir ze soen: „Mir wëllen alles zerstéieren, wat e reliésen Aspekt kann hunn.“ Au contraire, mir respektéieren de reliésen Aspekt. Mir wëllen de reliése Communautéiten d'Autonomie ginn; mir wëllen déi Onofhängegkeet ginn, déi se och froen, an awer och d'Moyene ginn, fir dass se kënnen fonctionnéieren, mä en toute indépendance, an net, dass mir eis bei hinnen amëschen oder si sech bei eis amëschen.

Dowéinst, fir elo ze soen Trennung oder net Trennung: Fir eis ass et wichtig, dass jiddweree säi Wee geet, d'Culten an de Stat, a mir de Culten d'Méiglechkeet ginn, fir hire Wee mat hire Leit, mat hire Memberen, mat hire Gleewegen och kënnen ze goen.

Jo, eng reliéis Neutralitéit vum Stat ass wichtig an eng reliéis Neutralitéit vum Stat verhënnert net, eng Kooperatioun och mat engem Culte kënnen ze hunn.

Mat wiem hu mer elo ënnerschriwwen? Mir hunn dat mat de Katholicken, mat de Protestanten, mat den Orthodoxen, mat den Anglikaner, mat de Judden a mat de Moslemen, well d'Schura elo och organiséiert a federéiert ass.

An ech erlabe mer just, op déi Europäesch Mënscherechtskonventioun och anzegoen, Här President, déi seet «de traiter de manière comparable ce qui est comparable». Dat heescht, dass all Reliounsgemeinschaft no deeneselwechte Kritären och ze behandelen a keen ze bevir- oder ze benodelegen ass. An ech mengen, dass dat och an dese Konventiounen richtig ass.

Déi finanziell Contributioun, déi vum Stat kënnt an déi de reliése Communautéiten zoukënnt, stellt den adequate Bäitrag duer, fir - justement - dass déi Communautéiten och mat hire Memberen hir Aarbecht kënnen maachen a fir dass och déi Aarbecht, déi se och fir d'Allgemengheet maachen, do unerkannt gëtt.

Pacta sunt servanda ass wichtig. Mir hu gemengt, dass et wichtig wier, fir déi Engagementer, déi geholl gi sinn... Mir kënnen net rétroactivement e Gesetz änneren, andeem mer soen: Déi Obligatiounen, déi haut Realitéit sinn, ziele muer net méi. An dat ass och vis-à-vis vun der Prévisibilitéit, déi jo fir des Regierung eppes ass, wat wichtig ass, wou mer eis dann eben désengagéiere mat der Zäit, mä awer déi Engagementer, déi haut richtig sinn, awer och nach ëmmer zielen.

Hei ass gesot ginn: „Jo, mä hei ass e Réviseur, deen dat muss iwwerpräiwen.“ Jo, et sinn ëffentlech Gelder! Mir sinn der Meenung, dass, wann et ëffentlech Gelder sinn, d'Comptabilité publique muss och zielen an dass do och muss vérifiéiert ginn, dass déi ëffentlech Gelder à bon escient gebraucht ginn.

Mir hunn een Uspriechpartner och elo. Virduir ass gesot ginn, dat wier och scho virduir de Fall gewiescht. Neen, mir hate bei verschiddene Communautéiten e puer Uspriechpartner. Dat ass nei, dass mer elo och een Uspriechpartner hunn.

Dat heescht am Fong, Här President, duerch déi Konventiounen, déi mer mat deene verschiddene Communautéiten elo ënnerschriwwen hunn, gëtt et, wéi gesot, eng Onofhängegkeet, eng Autonomie, eng Neutralitéit, déi de Stat och ze garantéieren huet. De Stat ass net do, fir ze soen, wat richtig oder wat falsch ass, soulaang se déi Rechter respektéieren, also den Ordre public respektéieren an och dat an déi Richtung maachen, an dat war och de Sënn vun deser Konventioun.

Ech hunn et virduir gesot, verschidde Leit hätte léiwer gehat, mir hätten all Zeeche vu Relioun gestrach a mir hätten alles gemaach, fir ze soen, dass dat banni muss sinn. Aner Leit hu gesot, mir dierften näischt änneren. Fir eis ass et wichtig, dass mer eis de Realitéiten och upassen an enger moderner Gesellschaft.

Et ass scho vun e puer Leit hei zitéiert ginn: déi Cérémonie civile. Dat ass e Beispill. Et ass déi offiziell Zeremonie. Mir nenne se zivill, mä et ass eng offiziell Zeremonie. De Statsakt fir den Nationalfeierdag ass eng Zeremonie.

Viru véier Joer wor deen offiziellen Deel eng Militärrapad an e reliésen Akt. Mir mengen, dass et wichtig ass, dass den Nationalfeierdag

een Akt ass, deen en ziville Charakter huet, den Hauptstatsakt gëtt et, ouni - ouni! - déi aner Saache wëllen ofzeschaffen, mä fir de Respekt justement an eiser Gesellschaft ze hunn, fir dass deen, deen op der reliéiser Zeremonie wëllt präsent sinn, ka goen; deen, dee wëllt op d'Militärrapad goen, ka goen, an deen, deen eng zivill Zeremonie wëllt, déi net reliéis an net militäresch ass, do och präsent ka sinn.

A wann ech mech erënneren un déi Froen, déi ech kritt hunn. Déi éischt Zeremonie, déi mer gemaach hunn, wor den 23. Juni 2014. Den Dag drop krut ech vum President vun der CSV, vum Här Spautz, eng Question parlementaire gestallt: „Wat huet dat doten elo kascht?“

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes.** - „Wat huet dat dote kascht? Wat huet dat kascht virduir an elo?“

Den Här Fayot huet mer eng Question parlementaire gestallt, fir ze wëssen, firwat ech och d'Invitatiounen fir deen offiziellen Akt virun zesummen dat éischt Joer mat den Invitatiounen vum Bëschof verschéckt hunn.

**(Brouhaha)**

Ech si frou, an ech hu ganz kloer erkläert, dass dat och de Fait war, well de Bistum net déi ganz Lëschten hat a mer hei eben och an där Transitioun, an där Evolutioun, déi mer hunn, dem Bistum proposéiert hunn, d'Invitatiounen zesummen ze verschécken.

Ech si frou, dass mer haut net méi op esou Diskussiounen elo aginn, dass mer et fäerdegbréngen, ze gesinn, dass déi zivill Zeremonie, deen offiziellen Akt, eppes ass, wat wierklech e grouse Succès huet, wou ech och frou sinn, dass...

**(Brouhaha)**

...d'Deputéierten, Här President, mat lech un der Spëtzt, awer toutes les couleurs représentéiert sinn. A mir bréngen et fäerdeg, mat deem doten Text...

**(Brouhaha)**

An ech si frou, verschidde Leit soen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes.** - Verschidde Leit, Här President, soen eis, et géif näischt drastoen, mä si géifen net derfir stëmmen. Ech wëll lech just soen: Dat heiten ass genau dat, wat een e Mëttelwee nennt, e Mëttelwee, e gesonde Mënscheverstand a virun allem, dass mer och an deem Land an onser Gesellschaft 2016 endlech schreiwe kënnen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Premierminister. Den Här Kartheiser huet gentiment de Fanger gewisen.

**(Brouhaha général)**

Här Kartheiser, fir eng Fro.

**(Brouhaha général)**

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President, an och Merci dem Här Premierminister, datt en eng Fro erlaabt. Ech hu gär nogelauschtert, wéi den Här Premierminister den Éloge gemaach huet vun enger Initiativ, déi e geholl huet, fir den Nationalfeierdag op eng aner Manéier ze begoen, wéi dat virduir de Fall war.

Meng Fro un den Här Premierminister ass: Gesäit hien net déi Gefor, déi ech op jidde Fall gesinn, datt déi Discoursen op där Feier ëmmer méi politesch ginn an datt eng Feier wéi den Nationalfeierdag eventuell da kéint mëssbraucht ginn, fir déi eng oder aner méi politesch Ried ze halen?

**(Brouhaha général)**

Ech soen lech Merci.

► **M. Xavier Bettel, Ministre des Cultes.** - Här President, ech muss lech soen...

**(Interruptions)**

Ech si jo Initiator als Statsministère gewiescht vun deser Zeremonie. An ech hu rarement e Moment gesinn, wou mer esou zesummegehalen hunn, wéi an der Zivillzeremonie. An ech si frou, dass et déi gëtt.

**(Brouhaha général)**

An ech hoffen, dass déi nächst Regierungen se och bäibehalen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.



**(Brouhaha général)**

Merci dem Här Statsminister. An ech mengen, mir wäre prett, fir elo a grousser Disziplinn déi vill Votten zu deene ville Projeten ze entaméieren.

**(Brouhaha général)**

Mir géifen ufänken. Kollegeinnen a Kollegen, wa vill duerjernee geschwat gött, versteet kee méi säin eegent Wuert!

**(Interruptions)**

► **Une voix.**- Ech si frou, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ma et schéngt, wéi wa jiddweree frou wär.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà! Sou, da géife mer och elo d'Resultat vun eisem Frousinn kontrolléieren.

**(Hilarité)**

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6869**

An ech géif d'Ofstëmmung lancéieren iwwert deen éischte Projet, den 6869 betreffend déi kathoulesch Kierch.

De Vott ass eriwwer. Ofstëmmungseresultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

**(Brouhaha)**

Wann Der erlaabt, géif ech d'Fro iwwert d'Dispens zum Schluss stellen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6870**

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem 6870, betreffend déi jiddesch Communautéit. D'Procuratiounen.

De Vott ass ofgeschloss. Datselwecht Resultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6871**

A mer géifen zum Projet 6871 iwwergoen, der Konventioun mat der anglikanescher Kierch.

De Vott fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer. Resultat: 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen. Och de Projet 6871 ass ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6872**

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 6872 betreffend déi orthodox Kierch. An de Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

De Vott ass ofgeschloss. 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6873**

De Projet de loi 6873, betreffend déi protestantesch Kierch. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. D'Resultat ass 32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6874**

Dann de Projet de loi 6874, betreffend déi muselmanesch Communautéit.

**(Interruptions)**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer, mat deemselwechte Resultat.

**(Brouhaha)**

32-mol Jo, 26-mol Neen, 2 Abstentionen. Domat wären all d'Projete mat deemselwechte Resultat ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

**Dispense du second vote constitutionnel des projets de loi 6869, 6870, 6871, 6872, 6873, 6874**

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

**(Brouhaha général)**

Fir d'Projeten alleguer?

**(Assentiment)**

Merci.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

Domat hu mer d'Diskussioun an de Vott zu deene Projete betreffend d'Konventiounen ofgeschloss.

A mir géifen zu eisem nächste Punkt, dem Projet de loi 6475, iwwergoen, deen déi gesetzlech Basis fir d'Schafung vun der Administratioun vum Haut-Commissariat vun der Protection nationale wäert schafen. An d'Wuert huet de Rapporteur vum Projet, den Här Eugène Berger.

**7. 6475 - Projet de loi portant création d'un Haut-Commissariat à la Protection nationale et modifiant**

**a) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire**

**b) la loi du 8 décembre 1981 sur les réquisitions en cas de conflit armé, de crise internationale grave ou de catastrophe**

**c) la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel**

**d) la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État**

**e) la loi modifiée du 25 juin 2009 sur les marchés publics**

**f) la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État**

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle**

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Mir hoffen a wënschen eis all, datt mer hei am Land vu groussen Acci-

denter, Terrorattacken, Epidemien oder Naturkatastrophe verschount bleiwen. Mä Lëtzebuerg ass keng Insel, déi virun all Kris oder Ongléck geschützt ass.

A bei deene Krisen, déi kéinte passéieren, sinn der Fantasie leider keng Grenze gesat. Dat kéint goe vun engem Zuchongléck, engem chemischen Accident an engem grousser Wunnengsgebitt, der Staumauer, déi kéint brieche, bis hin zu terroristesche Bommenattacken op der Gare oder soss op éffentleche Plazen. Ech mengen och, kaum auszedenken ass, wa mer de Super-GAU zu Cattenom hätten, wou d'Existenz vun eisem ganze Land op der Kipp géif stoen.

Och wa mer also alleguerten hoffen, intensiv hoffen, datt mer ni eng schro Kris musse konfrontéieren, musse mer awer als Land all Méiglechtes maachen, fir Krisen ze évitéieren a virbereet ze sinn, wann dat Onméiglecht géif antrieden.

Wéi organiséiere mer a koordinéiere mer konkret d'Preventioun awer och d'Gestioun vu Krisen hei zu Lëtzebuerg? Dat ass den Objet vun dësem Projet de loi.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg en Organ, dat fir Preventioun a Koordinatioun a Krisefäll a fir d'Protection nationale zoustänneg ass an och elo schonn an der Praxis fonctionnéiert. Et handelt sech ëm den Haut-Commissariat à la protection nationale. An deen Haut-Commissariat - och nach aner Denominatiounen - gött och schonn a verschiddene legalen Texter ernimmt. Ech denken do un Arrêteen oder och u Règlement-grand-ducallen.

Och wann een an den Historique kuckt, da geet eigentlech scho vun 1959 u rieds vun esou engem Haut-Commissariat. 1963 war dat nach méi op de Conflit armé orientéiert. 2001 huet en awer och scho fonctionnéiert, ënner anerem am Kontext vun dem sougenannten „Nine-Eleven“. 2003 hate mer eng Vullegripp, wou och bei där Epidemie den Haut-Commissariat eng Rei Aufgaben iwwerholl huet.

Mä deen Haut-Commissariat war eigentlech ni gesetzlech festgeschriwwen ginn an engem Gesetzesprojekt oder an engem Projet de loi. A mat dësem Gesetz hei huele mer dat dann no. Et ass e Gesetz, vun deem eng éischt Versioun am September 2012 an der Chamber déposéiert gi war an ënnert dee mer dann haut de Schlussstréch zéien, respektiv ginn ech dervun aus, datt mer och herno eng grouss Majoritéit hunn, fir dann hei definitiv e legale Kader fir een Haut-Commissariat ze kreéieren. Aus dem Haut-Commissariat gött dann eng staatlech Verwaltung. Mir schafen heimadder also dat néidegt Kadergesetz.

Och an deem Gesetz hei wäerte mer preziséieren, wat d'Aufgabe sinn, souwuel bei der Anticipation, bei der Preventioun an herno och bei der Gestioun vu Krisen. An an der Logik och vun der Preventioun respektiv der Gestioun vun de Krise schwätze mer hei am Gesetz och vun deene sougenannten „Infrastructures critiques“.

Ech wëll och direkt soen, datt dee Projet de loi eng liicht aner Nues kritt huet a senger leschter Versioun wéi déi, déi en hat, wéi en déposéiert ginn ass. An där initialer Versioun stoung ënner anerem och, nieft der Kreatioun vum Haut-Commissariat, awer déi ganz Struktur vun der Protection nationale, wou och aner - ech soen emol - Organer derbäi sinn, an déi waren och do virgesinn an deem Text.

An deem Text waren de Conseil supérieur de la protection nationale, eng Cellule de crise an och d'Comités nationaux formell ageschriwwen. De Statsrot hat awer do ganz staark Bedenken. De Statsrot huet insistéiert, datt eigentlech de Grand-Duc respektiv de Minister iwwert de sougenannte Pouvoir réglementaire spontané, dat ass den Artikel 76 vun der Verfassung, kéint dës interministeriell Organer kreéieren, an datt déi net missten an d'Gesetz ageschriwwen ginn. Mir hu se dann duerfir erëm erausgeholl.

Et kann een op där anerer Säit soen, dat gött dann eng gewësse Fräiheet a Souplesse, wann een eventuell dat eent oder anert vun deenen Organer an Zukunft wëllt liicht ëmänneren oder vläicht nach en anert derbäisetzen.

Bon, et muss een awer trotzdem soen, mir si liicht verwonnert gewiescht iwwert déi Remarque respektiv d'Insistance vum Conseil d'État, well mer awer op anere Plazen an de Gesetzter esou Comités interministériels stoen hunn. Mä mir hunn awer gemengt, et wier gutt, wa mer géifen dem Conseil d'État hei folgen.

Mir hunn och an där Logik an der Kommission d'ANSSI erausgeholl, dat ass eigentlech d'Agence nationale de la sécurité des systèmes d'information. Do kann et och sinn, datt eventuell an Zukunft do aus där ANSSI eng eegestänneg Administratioun oder en Établissement public kéint ginn.